Ech schwätze ganz oft hei och vum Djihad islamique, deen een an där Géigend net däerf vergiessen an deen nach méi radikal ass wéi d'Hamas. Jiddwer Persoun, déi do Member gëtt, engagéiert sech hiert Liewen ze afferen, egal wéi, an op kee Fall e Fridde mat Israel ze sichen. Si accuséiere souguer d'Hamas, datt déi ze mëll wier mat Israel an e Waffestëllstand akzeptéiert hätt. Dat just nëmme gesot, fir d'Ambiance e bëssen ze beschreiwen.

An deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, wëll ech am Numm vun der ADR awer och e puer Constatatiounen a politesch Aussoe maachen. Éischtens, Gewalt engendréiert Gewalt. Dës Wourecht beweist sech all Kéier, an och an dësem Fall.

Zweetens, d'Recht vun all Stat fir sech ze verdeedegen, justifiéiert net Gewaltakten, déi gréisstendeels d'Zivilbevölkerung treffen. De Friddensprozess muss virugoen, mä et gëtt méi schwéier.

Drëttens, an Israel stinn d'Parlamentswahlen un an op palästinensescher Säit ass d'Mandat vum President Abbas um Enn, an et stinn normalerweis och do Presidentschaftswahlen un. Kee weess, wéi et do ausgeet, an ob d'Hamas net kéint eng Majoritéit kréien.

Véiertens, d'Hamas gëtt als ze mëll vun de Fundamentaliste vum Djihad islamique ugesinn, an duerfir ass esouguer en Dialog mat der Hamas kee Garant, datt et net zu eenzelne Gewaltakte kënnt.

Fënneftens, déi richteg politesch Äntwert ass, datt esou séier wéi méiglech d'Schafe vun engem onofhängege Palästinenser-Stat nieft Israel Realitéit gëtt. Dee sécherste Wee géint terroristesch Gewalt vun Eenzelnen ass, datt d'Palästinenser nees valabel Zukunftsperspektive kréien, anstatt Chômage an Aarmut.

Sechstens, mir erwaarde vun Europa, datt dee franséisch-ägyptesche Plang, fir d'Grenze vu Gaza ofzesécheren an d'Populatioun mat Gidder ze versuergen, déi se fir hiert alldeeglecht Liewe brauchen, an net de Waffeschmuggel, Realitéit gëtt. Mir erwaarde vun Europa, datt d'Friddensinitiativen intensivéiert ginn, an dëst am Kader vu concertéierten Aktioune mat den anere Membere vum Quartett, der UNO, Amerika, Russland an am Dialog mat alle Länner aus der Géigend.

Siwentens, déi Televisiounsbiller an der arabescher Welt hunn op jidde Fall eppes erreecht. Dat ass, datt deen interkulturellen Dialog méi schwéier gëtt, obwuel en absolut néideg ass zwëschent dem Westen, Europa an der muselmanescher Welt. Schlëmmer ass, datt dës Biller gutt Argumenter si fir d'Extremisten an d'Fundamentalisten, deenen hiert Objektiv net de Fridden ass, mä eng kontinuéierlech Eskalatioun, eng Spiral vun der Konfrontatioun.

Aachtens, mir erwaarden ons vun der Lëtzebuerger Regierung, datt se un humanitären Aktiounen am europäesche Kader participéiert. Mir erwaarden awer och, datt si bei der israelescher Regierung, zesumme mat anere Länner, déi betraff sinn, fir en Dédommagement, eng Entschiedegung antrëtt fir déi Projeten, déi am Kader vun onser Entwécklungshëllef finanzéiert goufen. Da muss Israel déi Länner an och Lëtzebuerg entschiedegen.

Néngtens - an dat ass de leschte Punkt -, am europäesche Conseil des Ministres wëllen e puer Länner Drock op Israel maachen, fir dee kommerziellen Embargo géint Gaza opzehiewen. Dëst natierlech ënnert deene Konditioune vum franséisch-ägyptesche Plang, notamment wat d'Ënnerbanne vum Waffeschmuggel ugeet. Aner Länner lehnen all Drock op Israel of. Mir wéisste gär vun dëser Regierung, wat hir Haltung op dësem Punkt ass.

M. le Président.- Den Här Jaerling kënnt als leschte Riedner.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här President, erlaabt mer, dass ech ufänke mat engem Zitat vum Albert Camus: All Leed oder all Beleidegung, déi engem Mënsch, ganz gläich welcher Rass hien ugehéiert, zougefügt gëtt, ass eng Erofwierdegung vun der ganzer Mënschheet. - A wa mer eist Weltbild haut kucken, da gesi mer, dass op ville Plazen esou Erofwierdegunge geschéien. A wa mer d'Aen zoumaachen an näischt dergéint ënnerhuelen, da si mer mat schëlleg.

D'Fro, déi sech an dësem Beräich hei stellt, vun deem mer elo schwätzen, ass: Wat kënne mer maachen, wann et op deenen zwou Säite pyroman Pompjeeë ginn, déi Bensin an dat Feier schëdden, wat se am Fong virtäusche wëllen ze läschen? Wat kënne mer do maachen?

D'Fro, déi sech stellt, ass och d'Fro vun Europa: Wat fir eng Roll huet Europa ze spillen? Hei stellt sech effektiv eraus, dass et ganz wichteg ass, dass Europa seng institutionell Problemer léist an endlech kann aus engem Mond schwätzen, an net dass Verschiddener duerch d'Welt reesen an hir eege Geschichte verbreeden.

Wann ech da gesi wien do duerch d'Welt gereest ass, well ech hu mer jo schonn emol déi ganzen Zäit d'Fro gestallt iwwert d'Gazastrëif, wou den Här Braz jo gesot huet, d'Kanner kënnen emol net an d'Mier schwamme goen, da froen ech mech: Wéi kommen déi Waffen dann do eran?

Well d'Fro vun der Waffenindustrie, déi mat dru schëlleg ass an déi mat un deem ganze Krich do verdéngt an un all Krich op der Welt, déi huet hei bis elo nach kee gestallt. D'Fro vum Fridden ass och eng Geschicht vun de Waffen. D'Fro vum Fridden ass och eng Geschicht vun der Oprüstung. Mir als Europa mussen och emol versiche bei der Oprüstungsindustrie anzegräifen an do anzelenken an derfir suergen, dass déi permanent Oprüstung ophéiert.

Well déi Waffen, déi do geliwwert ginn, déi kommen net nëmmen aus Russland, aus China oder vu Kuba, déi kommen och aus der Waffenindustrie vun deene Länner, vun deenen, déi an d'Gazastrëif gepilgert sinn, fir do fir Fridden ze plädéieren. Ass dat net einfach aarmséileg? An ass et net och ze verdaamen, wann een esou virugeet? Et geet een hi Fridde priedegen an et léisst ee seng eege Waffenindustrie awer ongestéiert dohinner an déi Regioune Waffe liwweren!

Dat sinn och Froen, déi Europa sech muss stellen. Dat sinn och Froen, iwwert déi mer emol eng Kéier konkret musse schwätzen. Op där enger Säit respektéiert Israel déi Grenzen net, déi scho 67 € festgeluecht ginn, op där anerer Säit ass et mat der Hamas schwéier ze verhandelen. Dat ass richteg. Mä ech verwiere mech dergéint, dass wann d'Wuert „Hamas" gebraucht gëtt, dass dann dat ganzt palästinensescht Vollek op eemol domadder a Verbindung bruecht gëtt.

D'Hamas ass eng extrem Organisatioun, déi am Fong näischt direkt mam palästinensesche Vollek ze dinn huet. D'palästinensescht Vollek huet menger Usiicht no déi Hamas gewielt aus Protest, fir iergendwéi eng Bewegung ze hunn, fir sech no bausse bemierkbar ze maachen. Ech sinn iwwerzeegt, dass kee Palästinenser dat dote wollt; ausser natierlech déi Leit, déi schwéier gelidden hunn, déi e Familljemember verluer hunn. Et kann een och nach verstoen, dass déi méi reaktionär reagéieren. Mä op jidde Fall, d'Hamas ass eng Organisatioun fir sech.

Ech nenne se och net Terroristen. Well wat ass en Terrorist? Fir mech ass en Terrorist en hondsgeweinleche Verbriecher, dee Verbriechen un der Mënschheet begeet. Mir nennen en Terrorist, well mer e fäerten. A mir hu kee Recht, fir déi ze fäerten. Mir hu just d'Flicht, fir deenen entgéintzewierken a versiche mat alle Moyenen déi Leit mat demokratesche Mëttelen ze strofen, déi se verdéngt hunn.

Fir de Fridden an deem Gebitt do ze kréien, stellt sech effektiv, wéi den Här Braz gesot huet, d'Fro: Soll ee mat der Hamas verhandelen oder net? Dat ass d'Fro. Da muss ee sech d'Fro stellen: Muss een dann awer och op där anerer Säit mat deene reaktionären an extremisteschen israelesche - Kreeser verhandelen, well déi net besser si wéi d'Hamas? Et kann een net soen, dass déi besser wiere wéi d'Hamas, well déi selwer mat deeneselwechte Gedankegäng schaffe wéi déi Kriminell vun der Hamas.

Et muss een also op deenen zwou Säiten déi Extremisten emol vläicht un en Dësch kréien a kucken: Wéi kann ee mat deene verhandelen? Do huet Europa eng wichteg Roll ze spillen. Mä en Europa, vun deem ech awer dann hoffen, dass et an nächster Zukunft an där Saach kann aus engem Mond schwätzen. Well et geet do ëm Mënscheliewen an et geet do ëm eng Geschicht, déi mat vill Blutt geschriwwe gëtt. Europa misst do wierklech säi Pefferkär bäileeën, fir datt déi Situatioun endlech ophéiert.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Ausseminister freet d'Wuert nach eng Kéier; awer kuerz. D'Zäit vun der Regierung ass eriwwer.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Ech hunn e puer Froe gestallt kritt, Här President, an ech versiche kuerz a séier drop ze äntwerten.

Déi éischt Fro ass déi, wéi d'Europäesch Unioun opgetrueden ass. Jiddweree vun den Orateuren huet dat hei contestéiert oder kritiséiert. Et ass och richteg.

Ech hu mech den 30. Dezember zu Paräis probéiert anzesetzen, wou mer déi éischt Réunioun haten, fir ze soen: „An der Europäescher Unioun ass d'Regel: Entweder et ass d'Troika oder et sinn déi 27. Dertëschent gëtt et näischt." Deemools schonn hat de President Sarkozy jo am Kapp, fir als Copresident vun der Union pour la Méditerranée bei d'FINUL ze goen, dat heescht an de Libanon ze goen.

Bon, dat ass awer nach ze akzeptéieren a mengen Aen. Herno ass d'Saach méi kritesch ginn, wéi e puer Ausseministere vun der Unioun sech um Terrain beweegt hunn a wou een net méi gewosst huet: Wou ass dann elo d'Présidence drun?

Duerfir, mir wäerten e Méindeg doudsécher ganz konkret driwwer schwätzen, wa mer ënner eis sinn, fir dass et an Zukunft net esou ka sinn, dass wann ee grousst Land wéi Frankräich d'Présidence huet, dann ass ee President, dee geet op Moskau oder uechtert d'Welt d'Europäesch Unioun vertrieden; a wann et méi e klengt Land ass, dann ass eng ganz Schar vun Engelcher ronderëm. Dat däerf net sinn! Ech mengen, wann dat d'Astellung ass, da si mer an de Käpp am Directoire ukomm, an do musse mer eis wierklech dergéint wieren. Et ass fir doudeescht ze huelen.

Dat Zweet ass, ech wollt och dem Här Goerens vläicht äntwerten, esou gutt ech kann. Ech weess absolut net méi wéi ech et ka soen; vläicht e wéineg méi, awer näischt Definitives méi. Wat ech méi weess, dat ass, dass mer effektiv d'Instrument Ägypten benotzen, fir mat der Hamas ze schwätzen; a mir net eleng, och Israel mécht dat.

Do gëtt et ee ganz bekannten an ee ganz héichkarätege Generol. Dat ass de Generol Suleiman bei den Ägypter. Dat ass deen, deen de Lien mécht mat der Hamas. De Problem mat der Hamas ass deen, dass d'Hamas ganz dacks d'zweet an d'drëtt Garde an d'Verhandlunge geschéckt huet; dat heescht Leit, déi net konnten eng Décisioun huelen. D'Hamas, d'Spëtzt dovunner, de Meschal, sëtzt a Syrien. Während den Haniyeh an anerer, déi a Gaza sinn, heiansdo och ganz aner Positioune vertrieden.

Duerfir d'Fro, déi Europa sicht, do ass d'Debatt ze vergläichen an der Europäescher Unioun mat där Debatt, déi mer hei de Mëtteg haten. Jiddweree seet: Mir misste kënnen, awer mer wëssen net richteg wéi. Dat ass esou an dat bleift e Problem.

Ech hoffen nëmme just - an ech hunn dat net gesot -, mä dass wann den „Abu Masen" et géif fäerdeg brëngen e Gouvernement de réconciliation op d'Been ze stellen, wann och da Leit dra sinn, déi bei der Hamas sinn, dass mer net nach eng Kéier de Feeler maachen, fir dann als Europäesch Unioun mat esou enger Regierung refuséieren ze schwätzen. Dat ass dat, wat mer mussen am Kapp hunn. Op jidde Fall, dofir wëll ech versichen ze plädéieren.

Ee leschte Punkt nach, wat ech wollt zum Här Fayot soen. Et stëmmt, dass den Här Schiltz am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung gesot huet - an hien huet komplett Recht; hie gëtt do vu jiddwerengem ënnerstëtzt -, dass mer mat där bilateraler Kooperatioun opgehalen hunn a Gaza, well dat kee Wäert méi hat. Allerdéngs, hien huet e wéineg gesot: Mir kommen elo mam Scheck; mir gi Suen. Voilà! Dat huet den Här Fayot gesot.

Mir ginn net Suen a Gaza. Mir gi Suen un d'UNWRA, dat heescht un d'UNO-Organisatioun. An d'UNO-Organisatioun, dat ass déi, wou déi meeschte Länner sech elo nach eleng kënnen drop verloossen, dass déi Aiden, déi gespent ginn, och gutt ugeluecht ginn.

Da vläicht nach e Saz un den Aly Jaerling. Dir hutt gefrot: Wou kommen d'Waffen eran a Gaza? Wa mer soe Waffen, da sinn et jo virun allem déi Kassam-Rakéiten an herno Rakéiten - ech sinn elo keen Techniker -, déi bis 45 km Portée hunn. Déi Waffen - ech hunn dat versicht ze soen - kommen duerch déi 400 Tunnellen eran, déi gegruewe gi si vu Rafa ënnert der Grenz erduerch an da komme se a Gaza eraus.

Déi si jo alleguerte versicht gi futtigeschloen ze ginn. An deenen Tunnellen, soen d'israelesch Déngschter, dass do ganz vill Waffen a Rakéite stockéiert waren, déi dann elo explodéiere gedoe si ginn. Frot mech net wivill Leit dass och do hiert Liewe verluer hunn. Mä dat ass e Punkt, an et ass kloer, dat brauch een net ze verheemlechen, dass den Iran den Haaptliwwerant ass vun de Kassam-Rakéiten an och vun anere Rakéiten, déi aus Gaza geschoss ginn.

Ech hunn domadder, Här President, op déi wichtegst Froe geäntwert, déi Der mer nach gestallt hutt. Merci.

M. le Président.- Jo? Här Goerens, wann ech gelift.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, ech hat den Ausseminister gefrot wéi et wier mat enger internationaler onparteiescher Enquëtëkommissioun iwwert d'Violation du Droit humanitaire international.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Och déi Fro, Här Goerens, kënnt doudsécher an eise Gespréicher op. Dir wësst, beim Georgien-Konflikt hu mer eis jo och agesat als Land fir dat fäerdeg ze brëngen. Déi Kommissioun ass elo geschafe gi mat enger Schwäizer Diplomatin un der Spëtzt. Déi dote Fro kënnt menger Meenung no doudsécher, wéi och déi Fro kënnt iwwert d'Sanktiounen, wéi och déi Fro kënnt iwwert den Upgrading vun de Relatiounen, déi d'Europäesch Unioun am Dezember mat Israel décidéiert huet.

Mir sollen elo vläicht an dëser Phas - op jidde Fall ass et meng Meenung doranner - an der Öffentlechkeet versichen net ze vill Explosives do nach mat eranzebréngen. Well dat, wat elo zielt, wat den Haaptpunkt ass, ass, dass d'Europäesch Unioun et fäerdeg brëngt de Mënschen a Gaza elo an deenen nächste Woche mat Liewensmëttel an deenen, déi nach mussen operéiert ginn, ze hëllefen, an dass mer et och iergendwéi fäerdeg brëngen, dass déi Leit en Ënnerdaach kréien.

Mä fir all déi Froen, déi Der stellt, oder déi Froen, déi Der gestallt hutt, Här Goerens, sinn ech absolut op. Ech géif mer nëmme kënne virstellen, wann den UNO-Generalsekretär a Gaza war, an en huet gesot, dass et net tolerabel wier, dass UNO-Gebaier géife bombardéiert ginn, dass doriwwer och Enquëtë musse gemaach ginn a gekuckt muss ginn, wéi d'Responsabilitéiten do leien.

M. le Président.- Merci, Här Ausseminister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, ass dës Debatt ofgeschloss.

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi contribuant au rétablissement du plein emploi et complétant le livre V du Code du Travail par un Titre IX nouveau et l'article 631-2 du Code du Travail.

(Hilarité)

Ech wollt dat esou zitéieren, well ech kee lëtzebuergeschen Ausdrock fonnt hunn. Den Intitulé wéinstens kléngt no engem komplizéierte Projet, dee vläicht quant au fond net esou komplizéiert gëtt. Hei ass den honorabelen Här Kaes de Rapporteur. Hien huet elo d'Wuert.

Une voix.- Wéivill Riedezäit huet hien?

M. le Président.- Den Här Kaes huet 30 Minutten.

2. 5144 - Projet de loi contribuant au rétablissement du plein emploi et complétant:

1. le livre V du Code du Travail par un Titre IX nouveau

2. l'article 631-2 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet huet als Zil e legalen a finanzielle Kader fir déi verschidde Moossnamen ze schafen, déi agesat gi fir de Chômage ze bekämpfen. Dëst soll zu enger besserer Prise en charge vun de Chômeure féieren a virun allem vun deenen, déi wäit ewech vum Aarbechtsmaart sinn an enorm Schwieregkeeten hu sech um Niveau vum Aarbechtsmaart ze integréiere respektiv ze réintegréieren. Déi

aktuell Aarbechtsinitiativ spigelt d'Evolutioun vum Chômage erëm, dat souwuel politesch wéi och philosophesch.

D'Form vum Chômage huet an deene leschte 40 Joer geännert. Vun engem éischter ökonomesche Chômage si mer an deene leschte Joren a Jorzéngten op e soziale Chômage iwwergaangen; och Chômage résiduel genannt. Dës Aarbechtslosegkeet profitéiert net vum wirtschaftlechen Opschwong.

Si léisst sech duerch d'Inadéquatioun tëschent der Demande an der Offer um Aarbechtsmaart erklären. An anere Wierder: Et ginn Aarbechtsplaze geschaaft, mä net all Demandeur d'emploi huet déi néideg Kompetenzen oder Qualifikatiounen, fir kënnen op dëse Plazen agestallt ze ginn. Derbäi kënnt, datt eisen Aarbechtsmaart am Verglach mat aneren Aarbechtsmäert atypesch ass. De Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gräift massiv op Salariéen aus der Grenzregioun zréck, fir d'Besoinen un Aarbechtskraaft ze decken.

Eng ongenügend oder eng inadequat berufflech Qualifikatioun ass a bleift de wesentlechen Exklusiounsfacteur vum Aarbechtsmaart, ergo vun der sozialer Ausgrenzung. Ech zielen lech näischt Neies, wann ech soen, datt d'Aarbecht ee vun deene wichtegsten Integratiounsinstrumenter ass.

D'Tatsaach, datt dee méi wéi wahrscheinleche Schoss vum Chômage an deenen nächste Méint op eng ugespaante wirtschaftlech Lag zréckzeféieren ass, wäert näischt dorunner änneren, datt Leit, déi keng oder eng ze niddreg Qualifikatioun hunn, et extrem schwéier wäerte kréien, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen an ze behalen, egal wéi ugespaant oder bléiend d'Wirtschaft ass.

Dës Erkenntnis huet derzou gefouert, datt d'Politik sech schonn zënter Jore Gedanke mécht, wéi een dëser Kategorie vu Leit am beschte kéint hëllefen, fir se nees an den Aarbechtsmaart anzeglidderen. Iwwert déi klassesch Insertiouns- a Réinsertiounsinstrumenter eraus hu sech lues a lues Moossnamen entwéckelt, déi extra op d'Prise en charge vu Laangzäitchômeuren zilen.

Nom Dépôt vum Gesetzesprojet am Joer 2003 ass ee sech nach méi wéi virdrun der sozialer Dimensioun vun der struktureller Aarbechtslosegkeet bewosst ginn. Wa virun e puer Jorzéngten d'Halschent vun den Aarbechtsplaze keng spezifesch Qualifikatioun virausgesat hunn, verlaangen hautdësdags méi wéi 56% vun den Aarbechtsplazen net nëmmen eng Qualifikatioun, mä souguer eng héich Qualifikatioun. D'Zuel vun den Aarbechtsplazen, déi eng mëttelméisseg Qualifikatioun verlaangen, geet stänneg zréck, an d'Plazen, déi keng Qualifikatioun brauchen, sinn ëmmer méi eng Raritéit. Derbäi kënnt, datt hautdësdags souguer dës lescht Kategorie vun Aarbechtsplazen e Minimum u Qualifikatioun viraussetzt.

Et kann een also net méi wéi fréier vu Plazen ouni Qualifikatioun schwätzen. E Beispill: Et ass esou, datt een oft e Führerschäi brauch, fir kënnen där enger oder anerer Aarbecht nozegoen. Or, et gi Leit, déi dës Konditioun net erfëllen, sief dat aus finanziellen, gesondheetlechen oder och intellektuelle Grënn. Si kommen also fir eng Rei vu Plaze guer net a Fro. Domadder hu si reduzéiert Chancen, fir Aarbecht ze fannen.

Wann een d'Exigenzen um Niveau vun de Qualifikatioune mat den Zuele vun der Administration de l'emploi vergläicht, stellt ee fest, datt iwwert d'Halschent vun de Chômeure just en niddregen obligatoresche Schoulniveau erreecht hunn. Mir stinn also virun enger grousser Erausfuerderung. Mir musse ganz kloer Léisunge fir d'Zukunft fannen.

Dëst setzt viraus, datt een och d'Grënn vum soziale Chômage kennt. Déi leien nämlech net nëmmen an engem Mangel u Qualifikatioun. De Mangel u Qualifikatioun ass oft nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg.

Wann ee sech jorelaang am Beräich vun den Aarbechtsinitiativen engagéiert huet a sech mat der Problematik befaasst huet, da stellt een dacks fest, datt déi Leit, déi laang no enger Aarbecht sichen, méi Problemer gläichzäiteg hunn. Ee Problem, dee ganz oft bei déi Mangelqualifikatioun derbäi kënnt, ass dee vum oft schlechte Gesondheetszoustand vun der betraffener Persoun, sief dat psychesch wéi och kierperlech. Alkohol an Droge sinn dann och nach dacks am Spill; oft souguer kombinéiert mat engem labile psychesche Gesondheetszoustand wéi enger Depressioun.

Dëst kënnt oft doduerch, datt déi Leit schwéier Momenter wéi eng Trennung, en Doudesfall oder de Verloscht vun hirer fréierer Aarbechtsplaz net verkraaft hunn a sech duerfir komplett goe loossen. Mat der Zäit komme familiär a finanziell Problemer op, eventuell eng Iwwerschëldung. Dacks kënne sech déi Leit och net méi eng adequat Wunneng leeschten, oder si mussen hiert Heem verkafe respektiv, wat fir déi betraffe Leit méi schlëmm ass, d'Wunneng gëtt ganz einfach versteet.

Lues a lues rutsche se an ee regelrechten Däiwelskrees, wou d'Problemer mat der Zäit zouhuelen a wou den Auswee aus deemselwechten ëmmer méi schwéier gëtt. Net vergiessen dierf een och, datt et fir verschidde Leit duerch hir familiär Situatioun bal net méiglech ass, ganz einfach geregelt ze schaffen. Ech denken do zum Beispill un elengerzéiend Elteren, déi sech et net kënne leeschten hir Kanner versuergen ze loossen, wat awer Viraussetzung ass fir kënnen enger geregelter Aarbecht nozegoen. Wann da bis d'Kanner grouss sinn, sinn dës Leit ganz oft ze al fir den Aarbechtsmaart respektiv kënne keng berufflech Experienz während deene leschten zéng, 15 Joer opweisen, wat hir Chancen op en Job extrem reduzéiert, virun allem wa se och nach eng defizitär berufflech Qualifikatioun hunn.

Op dëser Plaz muss een natierlech ganz besonnesch déi konsequent Efforten ervirsträichen, déi d'Regierung zënter Laangem ënnerhëlt, fir datt Familljen am Allgemengen an d'Elengerzéiend am Besonnesche kënne besser hiert Familljeliewe mat hirem Beruff verbannen. An dëser Optik wäerten déi sougenannte Chèques-services, déi ab dem 1. Mäerz vun der Familljeministesch agefouert ginn, sécherlech entscheedend derzou bäidroen, datt et fir eng ganz Rei vu Leit méi einfach wäert si fir hir Kanner grousszezéien a parallell einfach enger geregelter Aarbecht kënnen nozegoen.

E grousse Fortschrëtt an der Bekämpfung vum Chômage ass déi individualiséiert Begleedung vum Chômeur, déi d'Administration de l'emploi lues a lues ausgeschafft huet an déi de Service d'accompagnement personnalisé vun der ADEM géréiert. Ech erënneren lech drun, datt d'Noutwendegkeet vun enger individualiséierter Begleedung am Kader vum PAN-Gesetz '99 ënnerstrach gouf an datt dës Moossnam zënter 2006 gesetzlech verankert ass.

De Service d'accompagnement personnalisé klasséiert d'Demandeurs d'emploi jee no hirer Beschäftegungsfäegkeet a verschidde Kategorien. An d'Kategorie A kommen d'Demandeurs d'emploi, déi ouni Weideres fir den Aarbechtsmaart a Fro kommen.

An der Kategorie B fënnt een déi Demandeurs d'emploi erëm, déi zwar berufflech Kompetenzen a Qualifikatiounen opweisen, déi awer net ëmmer wëssen, wéi se sech verkafe kënnen. Si kënnen zum Beispill kee korrekten CV opstellen oder wëssen net, wéi se sech während engem Bewerbungsgespréich behuele sollen.

Demandeurs d'emploi, déi an der Kategorie C agestuuft sinn, gehéieren zu deenen, fir déi Beschäftegungsprojete schonn existéieren. Déi, déi net genee wëssen, wéi se mat dësem Projet ëmgoe sollen.

Demandeurs d'emploi vun de Kategorien D an E sinn déi Demandeurs d'emploi, déi am schwéierste vermëttelbar sinn. Si stellen déi Kategorien duer, déi fir all Aarbechtsminister, fir d'ADEM, fir all Beschäftegungsinitiativ eng enorm Erausfuerderung sinn. Virun allem d'Demandeurs d'emploi vun der Kategorie E sinn extrem wäit ewech vum Aarbechtsmaart. Fir si ass eng Insertioun oder Réinsertioun op den Aarbechtsmaart leider oft eng Utopie. D'Integratiounsdynamike vun dëse Leit ginn duerch Facteure sozialer, psychologescher oder kierperlecher Natur, wéi ech se virdrun opgezielt hunn, gebremst.

De Moment si vun 12.000 Demandeurs d'emploi, déi beim Arbeitsamt ageschriwwe sinn, ronn 1.000 an der Kategorie A, tëschent 2.700 an 2.800 an der Kategorie B, iwwer 5.000 an der Kategorie C, 2.000 an der Kategorie D a ronn 1.000 an der Kategorie E. Dëst beweist, datt a sech en Drëttel vun den Demandeuren eng gutt bis eenegermoossen normal Viraussetzung hu fir kënne placéiert ze ginn, datt awer zwee Drëttel vun den Aarbechtssichende schwiereg bis extrem schwiereg ze placéiere sinn.

Zënter 1998 hu sech Beschäftegungsinitiativen hei am Land entwéckelt. Dëst sinn zum Beispill den Objectif plein emploi, de ProActif oder de Forum pour l'emploi. Si stütze sech a sech op eng gewerkschaftlech Assise. Anerer, méi klenger, awer dowéinst net manner wichteg, hu sech ënner anerem um Niveau vun de Gemengen, wéi zum Beispill Ettelbréck oder Diddeleng, entwéckelt. Zu de wichtegste Beschäftegungsinitiativen, déi et hei am Land niewent deene gëtt, déi ech elo opgezielt hunn, kann een och nach Eng nei Schaff, Défi-job oder Co-labor zitéieren. Iwwregens war Co-labor déi éischt Initiativ an ass schonn 1983 gegrënnt ginn.

Déi meescht Beschäftegungsinitiativen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ginn iwwert de Fonds pour l'emploi cofinanzéiert, an zwar an der Héicht vu 75%. Et huet sech schnell erginn, datt de legislativen a finanzielle Kader net un d'Realitéit ugepasst ass. Zum Beispill ass d'Fro vun der Prise en charge vun de Personalkäschten, déi d'Demandeurs d'emploi sollen encadréieren, a kengem Text geregelt. D'PAN-Gesetz vun '99 huet zwar preziséiert, datt verschidde Käschte vum Stat iwwerholl géife ginn, mä d'Gesetz gesäit näischt iwwert d'Modalitéite vun esou enger Prise en charge vir.

De Guide administratif et financier, dee vum Aarbechtsminister am Joer 2001 an d'Liewe geruff ginn ass, garantéiert zwar e gewëssene Grad vu finanzieller Transparenz, esou wéi och d'Konventiounen, déi tëschent dem Aarbechtsminister an de Bénéficiairë vun de finanzielle Mëttele vum Fonds pour l'emploi ënnerschriwwe ginn, mä dëst geet ganz kloer awer net duer. Eng méi déif gräifend Reform vun der Aarbechts- a Beschäftegungspolitik ass néideg. Moossnamen, déi am Kampf géint de Chômage agesat ginn, sollen un déi nei Realitéit adaptéiert ginn. Nëmmen esou kréie mir d'Problematik vun der Aarbechtslosegkeet besser an de Grëff.

Genee dëst ass den Objektiv vum virleiende Gesetzesprojet. Iwwregens huet d'Gesetz vum 22. Dezember 2006 schonns déi eng oder aner Adaptatioun an eis Gesetzgebung agefouert. Dëst Gesetz huet ënner anerem d'Instrument vum PAN-Gesetz 1999 wéi den CAT an de Stage d'insertion duerch aner, méi effizient Instrumenter ersat, an zwar den CAE an den CIE.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, no dëser méi genereller Introduktioun géif ech gären op de Gesetzesprojet selwer ze schwätze kommen. Zënter datt de virleiende Gesetzesprojet am Joer 2003 vum Aarbechtsminister an der Chamber déposéiert gouf, ass den Text substanziell ëmgeännert ginn. Och wann d'Zil vum Gesetzesprojet nach ëmmer datselwecht ass wéi initial virgesinn, nämlech de Beschäftegungsinitiativen e legalen a finanzielle Kader ze ginn, esou ënnerscheet sech den initialen an de virleienden Text dach awer um Niveau vun de Mëttelen, fir dëst Zil ze erreechen.

Erlaabt mer kuerz, d'Haaptpunkte vum initiale Projet ze erläuteren.

D'Grondiddi vum initialen Text war et, d'Demandeurs d'emploi, déi méi wéi sechs Méint beim Arbeitsamt ageschriwwe sinn, esou schnell wéi méiglech op den Aarbechtsmaart ze integréieren. Den Akzent louch op der Qualitéit vun der Prise en charge vun de Chômeuren, an d'Finalitéit vun den Initiative war d'Insertioun, oder d'Réinsertioun, jee nodeem, vun de Chômeuren op den Aarbechtsmaart.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Den initialen Text, deen tëschent definitiven a provisoreschen Aktivitéiten ënnerscheet huet, hat d'Schafung vun engem neien Instrument virgesinn: de Contrat de mise à niveau. Dëse sollt den Iwwergank op den Aarbechtsmaart erméiglechen. D'Auteure vum initiale Gesetzesprojet wollten och privat Betriber, déi den Aarbechtsmaart a seng Besoinë solle besser kennen, mat an der Beschäftegungspolitik abannen. Si sollen och vun der finanzieller Ënnerstëtzung profitéiere kënnen. D'Gläichbehandlung vum privaten an associativë Secteur sollt och allen Diskussiounen iwwer eng eventuell deloyal Konkurrenz en Enn setzen.

Den initiale Gesetzestext huet des Weideren och nach d'Schafung vun engem Comité de suivi virgesinn. De Fonds pour l'emploi sollt och all Aktivitéit, déi als Zil d'Insertioun oder d'Réinsertioun huet, finanzéieren.

Dës éischt Versioun vum Gesetzestext ass staark kritiséiert ginn, an dat virun allem vum Statsrot, deen op e puer Punkte sech formell opposéiert huet. Hien huet ënner anerem d'Schafung vum Comité de suivi kritiséiert a gemengt, et misst ee sech op gängeg aarbechtsrechtlech Instrumenter bezéien. Déi initial Dispositioun vum Projet, déi virgesinn huet, datt just déi Betriber en Agrément géife kréien an domadder e Recht op déi finanziell staatlech Ënnerstëtzung hätten, déi eng Rei vu Konditioune géife respektéieren, ouni all Konditioun komplett opzelëschten, ass schäerfstens vum Statsrot kritiséiert ginn. De Statsrot huet domadder gedreet, keng Dispense vum zweete Vote kënnen ze ginn, wann déi Dispositioun net ëmgeännert géif ginn.

Virgesi war och, datt Betriber, déi zënter méi wéi dräi Joer täteg sinn an déi, zur Zäit wou de virleienden Text a Kraaft trëtt, net d'Konditiounen erfëllen, fir den Agrément ze kréien, en Délai vun zwee Joer hu fir sech un d'Konditiounen unzepassen. Während dem Délai sollten d'Betriber e provisoreschen Agrément kréien. Nom initialen Text sollt den Aarbechtsminister op Basis vun engem Avis vum Comité de suivi d'Ausnahme fir all eenzel Aktivitéit festleeën.

De Statsrot war der Meenung, datt heimadder den Aarbechtsminister en arbiträre Pouvoir unerkannt géif kréien, an huet an dësem Kader nees eng Opposition formelle ausgesprach.

De Projet de loi ass zweemol vu sengen Auteuren amendéiert ginn. Den éischten Amendement hat als Objet, d'Dispositioun iwwert d'Marchés publics ëmzesetzen. No dësem Amendement sollt a sech d'Regierung iwwert de Wee vun enger Ausnahm d'Erlaabnis kréien, Aarbechten oder Servicer mat Employeuren, déi am Beräich vun der Insertioun oder der Réinsertioun täteg sinn, duerchzeféieren.

De Gesetzesprojet ass eng zweete Kéier vu sengen Auteuren den 13. Juni 2006 amendéiert ginn. Dës Amendementer sinn dorop zréckzeféieren, datt d'Situatioun um Aarbechtsmaart zënter dem Dépôt vum Gesetzesprojet vill geännert huet. D'Aarbechtslosegkeet huet enorm zougeholl: vun 2,6% am Joer 2002 op 5,2% am Joer 2006.

Dëse Phenomeen war net eleng op Lëtzebuerg begrenzt. D'Situatioun vum Aarbechtsmaart an der Grenzregioun war net besser. Am Géigendeel! Do huet de Chômage och an de Joren tëschent 2002 an 2006 enorm zougeholl. D'Konkurrenz tëschent de Frontalieren an den eenheemesche Salariéen huet sech zougespëtzt, mat der Konsequenz, datt déi Leit, déi zu Lëtzebuerg bei der Administration de l'emploi ageschriwwe waren an déi keng Qualifikatioun haten, et nach méi schwéier kritt hunn, fir eng nei Aarbechtsplaz ze fannen.

All dës Evenementer hunn als Konsequenz eng Hausse vun der Aarbechtslosegkeet mat sech bruecht. Betraff si virun allem erëm eng Kéier déi Schaffend ouni oder mat enger niddreger Qualifikatioun.

Vu datt d'Struktur vum Chômage sech awer zënter 2003 geännert huet, ass et net weider verwonnerlech, datt déi initial Iddi, den Demandeur d'emploi iwwert de Wee vu Beschäftegungsinitiative fit ze maache fir den Aarbechtsmaart, ëmmer méi schwéier ze realiséiere war. Derbäi kënnt, datt sech den Ëmgank mat Leit, déi eng reduzéiert Capacitéit hunn, an deene leschte Joren a sech geännert huet. Vun engem éischter passive System si mer lues a lues an e System gewiesselt, deen op d'Aktivatioun vun dëser Kategorie vu Salariéë setzt.

Et geet och ganz kloer aus der Regierungserklärung vum August 2004 ervir, datt deen éischten Objektiv vun de Beschäftegungsinitiativen d'Prise en charge vun deene Leit soll sinn, déi wäit ewech vum Aarbechtsmaart sinn.

D'Réorientatioun vum Gesetzesprojet kann een a sech op e puer Punkte résuméieren.

Déi provisoresch Aktivitéiten, fir den Iwwergank op den ordinären Aarbechtsmaart ze erméiglechen, sinn am Kader vum amendéierten Text ewechgefall. Den Text, deen aus den Amendementer vun 2006 ervirgeet, huet virgesinn, datt d'Insertiouns- an d'Réinsertiounsaktivitéiten, déi staatlech subventionéiert kéinte ginn, dem privaten an dem öffentleche Secteur géifen zoukommen. D'Ausgrenzung vun den A.s.b.l.en ass domat gerechtfertegt ginn, datt d'Salariéë misste motivéiert ginn, sech aktiv ze bedeelegen.

Obschonns déi amendéiert Versioun vum Gesetzesprojet nach ëmmer den Akzent op eng fréist méiglech Aktivatioun vun de Chômeure setzt, fuerdert hien d'Betriber op, op déi Instrumenter zréckzegräifen, déi scho bestinn, amplaz sech nei Instrumenter ze schafen. An dëser Optik sinn d'Insertiouns- an d'Réinsertiounsaktivitéiten och als Iwwerganksmoossnamen ze verstoen. D'Beschäftegungsinitiative sollte sech virun allem op d'Schafe vu Strukture fir schwéier

vermëttelbar Chômeure konzentréieren, an net méi als Intermédiaire tëschent dem Arbeitsamt an de Betriber wierken.

D'Prise en charge vun den Demandeurs d'emploi sollt iwwert de Wee vun de sozioekonomeschen Aktivitéite geschéien, déi vun de Beschäftegungsinitiative proposéiert sollte ginn. Dës Aktivitéite sollten dem ordinären Aarbechtsrecht ënnerstoen a si sollten am Kader vun enger Gesellschaft, esou wéi se am Gesetz vun 1915 definéiert sinn, stattfannen.

D'Auteure vum Gesetzesprojet hunn d'Iddi vun engem Comité de suivi opginn an deementspriechend den initiale Gesetzesprojet amendéiert. D'ADEM, an net de Comité de suivi an de Comité permanent de l'emploi sollt elo de Suivi vum Gesetz maachen.

D'Auteure vum Gesetzesprojet hunn och hiren éischten Amendement zréckgeholl. Den amendéierten Text huet keng Derogatioun zur Gesetzgebung iwwert d'Marchés publics enthalen. D'Auteuren hunn op dësem Punkt der Opposition formelle vum Statsrot Rechnung gedroen. In fine ass den Term vum „chômage social" duerch den Term vum „chômage incompressible" ersat ginn.

Den amendéierten Text gouf vum Statsrot den 20. Mäerz 2007 aviséiert. Hie war net d'accord, datt nëmme Gesellschaften am Sënn vum Gesetz vun 1915 vun de finanziellen Avantagen, déi de Projet de loi virgesäit, kéinte profitéieren. Esou eng Restriktioun wier incompatibel mam Égalitéitsprinzip, deen an der Verfassung verankert ass. Dëse Punkt huet fir eng nei Opposition formelle säitens vum Statsrot gesuergt, dee sech iwwregens och net mam neien Intitulé vum Gesetzesprojet zefridde gewisen huet. De Chômage incompressible ass vun Natur aus net reduzéierbar. Et ass e Widdersproch ze soen, datt ee géint esou eng Zort vu Chômage kämpft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo déi grouss Linne vum virleiende Gesetzesprojet ugeet, esou ginn déi aus zwou Serië vun neien, dës Kéier parlamentareschen Amendementer ervir. Et ass virun allem déi éischt Serie vun Amendementer vum 12. Februar 2008, déi zu der definitiver Versioun vum heitegen Text gefouert huet.

Zu de wichtegsten Ëmännerunge kann een an éischter Linn d'Ofschafe vun der Differenzéierung tëschent den Activités d'insertion et de réinsertion an den Activités socio-économiques opzielen. Si bleiwe wuel als eenzel Moossname bestoen, mä all Employeur dierf op se alleguerten zréckgräifen, an et ass net, datt eng Kategorie vu Moossnamen enger Kategorie vun Employéë virenthale gëtt.

D'Aarbechtskommissioun war nämlech der Meenung, datt mat der Differenzéierung, déi vun den Auteure vum Gesetzesprojet gewollt war, d'Beschäftegungsinitiative riskéieren, sech nëmmen nach mam Encadrement vun de Chômeuren, déi extrem schwéier vermëttelbar sinn, ze beschäftegen. D'Angscht vun der Kommissioun ass, datt mam System, wéi d'Auteuren e virgesinn hunn, d'Insertiounsaktivitéiten nëmmen nach deenen Demandeurs d'emploi ugebuede ginn, déi keng gréisser Problemer hu fir sech um Aarbechtsmaart ze behaapten. De Konzept vun den Auteure vum Gesetzesprojet féiert zu engem Denken a Kategorien, wat extrem schued ass, wann ee bedenkt, datt d'Beschäftegungsinitiativen als Zil hunn, jiddwerengem d'Integratioun op den Aarbechtsmaart ze erméiglechen.

(Interruptions)

D'Beschäftegungsinitiative sollen net nëmme sozioekonomesch Aktivitéiten ubidde kënnen. Si sinn iwwregens oft besser outilléiert, fir kënnen deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi mat all Zort vu psychosoziale Problemer geplot sinn. De Gesetzestext, esou wéi e virläit, ënnersträicht um Niveau vu verschiddenen Dispositiounen de Prinzip no deem all Employeur censéiert ass, d'Prise en charge vun der gesamter Populatioun vu Chômeuren ze garantéieren.

D'Kommissioun huet och eng Ännerung virgeholl um Niveau vun der Finalitéit vum Gesetzesprojet. Den Objet vum Gesetzestext ass net méi de Kampf géint de Chômage incompressible, mä de Kampf fir d'Integratioun oder d'Réintegratioun op den Aarbechtsmaart, an dëst egal wéi d'wirtschaftlech Lag ausgesäit.

Ier ech mat der Opzielung vun deene wichtegste Punkte vum virleienden Text wëll weiderfueren, wëll ech nach soen, och wann d'Kommissioun déi eng oder aner Dispositioun grondleeënd geännert huet, esou huet si awer dat meescht vum initiale Gesetzesprojet iwwerholl, entweder tel quel oder mat e puer Ännerungen. Laut dem neien Text soll all Employeur an de Genoss vun de finanziellen Avantagen, déi virgesi sinn, kënne kommen, fir datt hir Aktivitéite kënne subventionéiert ginn. Ob et sech also ëm Insertiouns- oder Réinsertiounsaktivitéiten oder sozioekonomesch Aktivitéiten handelt, spillt u sech keng Roll.

Et mussen d'Employeuren e ministeriellen Agrément hunn a mam Aarbechtsminister e Kooperatiounsvertrag oder e Kooperatiounsofkommes ënnerschreiwen. Dëst Ofkommes oder dës Konventioun preziséiert ënner anerem d'Prestatiounen, déi den Employeur dem Chômeur muss ubidden. Et geet hei virun allem ëm d'Mesures d'encadrement, déi definéiert musse ginn. Déi finanziell Participatioun vum Fonds pour l'emploi gëtt och an dëser Konventioun festgeluecht, genee wéi och d'Modalitéiten, wéi d'Dossiere musse géréiert ginn.

Dëst ass besonnesch wichteg, wann ee wëllt eng adequat sozioprofessionell Evaluatioun vum Chômeur maachen. D'Kontrollmoossname wéi och d'Sanktiounsméiglechkeete vum Stat ginn och am Kader vun der Konventioun fixéiert. De Gesetzesentworf gesäit och nach vir, datt d'Indemnitéiten, déi am Kader vun engem CAE respektiv am Kader vun engem CIE ausbezuelt ginn, vum Fonds pour l'emploi zu 85% zréckbezuelt ginn.

En individuellen Insertiouns- oder Réinsertiounsparcours muss während den Aktivitéite festgeluecht ginn. Déi finanziell Ënnerstëtzung ënnerläit verschiddene Konditiounen, déi am Gesetzestext opgezielt sinn, wéi zum Beispill d'Noutwendegkeet en Agrément ze besëtzen.

Den Agrément ënnerläit och verschiddene Konditioune. Esou muss den Employeur, deen en Agrément ufreet, d'Usprëch vum Gesellschafts- oder Associatiounsrecht erfëllen. Si mussen och garantéieren, datt déi sämtlech Aktivitéiten, déi sech ubidden, fir all Demandeur d'emploi zougängeg sinn, onofhängeg vun ideologeschen, politeschen oder reliéise Considératiounen.

Wéi schonns ugedeit, muss nom Gesetzestext den Employeur och eng Konventioun mam Aarbechtsministère ofschléissen, déi déi genee Prestatioune vum Employeur, oder den Oflaf vun der Prise en charge festhält, oder nach déi finanziell Subventioun festsetzt. D'Käschten, déi am Zesummenhang mat de verschiddene sozioekonomeschen Aktivitéite stinn, ginn am Kader vum virleienden Text definitiv, genee wéi déi finanziell Modalitéiten, definéiert.

Den Employeur muss zum Beispill eng prezis analytesch Kontabilitéit maachen. Hie muss dem Aarbechtsminister och de Bilan virleeën. D'Gemengen an d'Syndikater si vun dëser Obligatioun net betraff.

En Décompte muss och all Joer dem Aarbechtsminister ënnerbreet ginn. D'Form an den Inhalt vun dësem Décompte ginn an der Kooperatiounskonventioun festgeluecht.

De Gesetzesprojet gesäit och hei Iwwergangsbestëmmunge vir. Wat den Agrément ministériel ugeet, esou hunn d'Employeuren, déi hir Aktivitéit méi wéi dräi Joer laang exercéieren, an déi den Dag, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt, d'Konditioune fir en Agrément net erfëllen, en zousätzlechen Délai vun dräi Joer, fir sech kënnen un d'Dispositioune vum Gesetz ze halen.

Ier ech mat menger Interventioun ophalen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech kuerz nach op e puer oder op ee Punkt virun allem zréckkommen. D'Regierung hat proposéiert den initialen Text duerch en Artikel ze ergänzen, dee virgesäit, datt spéitstens a sechs Joer, nodeem d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, d'Employeuren hire Statut missten ënneren an de Statut vun enger Association d'intérêts collectifs missten unhuelen. E Statut, deen u sech nei geschaaft soll ginn.

Mat dëser Propos wollt een op d'Kritike vum Statsrot reagéieren, deen a sengem Avis d'Iddi, datt och A.s.b.l.e kéinten Insertiouns- a Réinsertiounsaktivitéiten ubidden, a Fro gestallt huet. D'Kommissioun hat an enger éischter Phas dës Propos vun der Regierung ugeholl. Wéinst der Opposition formelle vum Statsrot huet se dunn awer gemengt, et wär besser dës Dispositioun nees erauszehuelen.

De Statsrot hat seng Opposition formelle domadder begrënnt, datt een engem net d'Obligatioun operleeë kéint, säi Statut ëmzeänneren, wann dëse Statut u sech nach net géif existéieren. D'Regierung huet während enger Réunioun mat der Aarbechtskommissioun dorop higewisen, datt den Aarbechtsminister amgaange wär no Léisungen ze kucken.

D'Noutwendegkeet hei ze handelen, geet kloer aus engem rezenten Arrêt vum administrative Geriichtshaff an enger Affaire polygone ervir. No dësem Arrêt ass et den A.s.b.l.en net erlaabt un öffentlechen Ausschreiwungen deelzehuelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichteg de Chômage an de Grëff ze kréien an ze kucken, datt jiddwereen de Wee op den Aarbechtsmaart fënnt, sech integréiert oder nees réintegréiert. Mä maache mer eis näischt vir, et wäerten ëmmer Leit ginn, déi dëse Wee net packen, déi ni an engem Betrib ënnerdaach kommen. Mir mussen awer déi Leit beschäftegen. Si hunn och e Recht op sozial Integratioun iwwert de Wee vun enger Beschäftegung.

De virleiende Gesetzesprojet schaaft genee de Kader, dee mir hei brauchen. Mir hunn d'Méiglechkeeten, um Niveau vum net konkurrentielle Beräich Aarbechtsplazen ze schafen, fir schwéier oder guer net integréierbar Leit. Et spillt keng Roll, ob si elo op dësen Initiativen an dësen Aarbechtsplaze rentabel sinn oder net. Et kascht eis souwisou manner wann een dës Leit beschäftegt, wa si d'Chance kréien enger geregelter Tätegkeet nozegoen, wou se encadréiert ginn, wéi just doheem ze bleiwen a Chômagegeld oder RMG ze bezéien. Si sinn ausserdeem doduerch vill méi nëtzlech, wat enorm wichteg fir dës Leit an hiert Selbstvertrauen ass.

Dowéinst, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wär ech frou, wann Der dëse Projet mat grousser Majoritéit haut géift stëmmen. De virleiende Gesetzesprojet stäerkt déi sozial Strukturen, déi an eisem Land existéieren. Si stäerkt d'Leit, déi an dësem Domän schaffen. Mir kréien duerch dat heitegt Gesetz en Deel vun eisem Chômage besser an de Grëff, andeems mir jiddwerengem d'Chance gi beschäftegt ze ginn.

Här President, zum Schluss wëll ech u sech dem President an alle Membere vun der Aarbechtskommissioun Merci soe fir déi konstruktiv Beiträg a Mataarbecht bei dësem schwéiere Gesetzesprojet. Merci och dem Minister a senge Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi et net ëmmer einfach mat eis haten. E ganz besonnesche Merci geet awer un de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Martin Bisenius, an un d'Madame Nadia Rangan, déi fir mech eng fantastesch Aarbecht gemaach hunn a vill Zäit an dëse Projet investéiert hunn.

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Rapporteur Kaes Merci. Als éischte Rieder ass den Här Marcel Glesener agedroen. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur huet opgehale mat engem Merci un d'Adress vun enger Rei vu Leit, déi ee grousse Beitrag geleescht hunn um Zustanekomme vun dem Projet. Ech wäert dann och ufänken, andeem ech dem Ali Kaes e grousse Merci ausschwätze fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport zum virleiende Projet.

Kolleeginnen a Kolleegen, een éischte Projet ass den 20. Mee 2003 déposéiert ginn. Dee Projet, dee mer haut diskutéieren, huet par rapport zum éischte Projet fundamental changéiert. Et ass dat e Musterbeispill vu gudder parlamentarescher Aarbecht; dat an enker Zesummenaarbecht mat der Regierung - net géint d'Regierung -, opgrond vun den Avise vun de Beruffschamberen, dem Statsrot an - et kann ee roueg soen - alle Fraktiounen, déi an der Kommissioun vertruede waren.

Net zulescht awer - an dat wäert ech besonnesch nach eng Kéier ervirhiewen - ass et de Verdéngscht vum Rapporteur, dem Ali Kaes, datt mer haut e Projet kënne virleeën, deen op engem breede Konsens baséiert an deen den Erausfuerderunge vun haut a virun allem och vu muer entsprécht. Nach eng Kéier Merci, Här Rapporteur.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wat sinn dann elo déi Erausfuerderungen, déi dëse Projet onverzichtbar maachen? Aus dem Bulletin vun der ADEM vum November 2008 geet ervir, datt 11.963 Leit als Demandeur d'emploi ageschriwwe waren, dovunner 3.640 Chômeurs de longue durée. Dat heescht, datt 3.640 Leit am November dat lescht Joer méi wéi zwielef Méint ouni Aarbecht waren. D'Halschent vun de Chômeuren, déi ageschriwwe sinn, hu kee Schoulofschloss respektiv hunn no den obligatoreschen néng Joer mat der Schoul opgehal.

Knapps 11,4% vun den Demandeurs d'emploi hunn am November en héije Funktiounsniveau uginn. Dës Donnéeën iwwert de Bildungs- a Formatiounsniveau vun den Demandeurs d'emploi entsprieche mat Sécherheet net den Usprëch vun der Wirtschaft, déi awer méi technesch orientéiert, ergo méi komplizéiert a komplex gëtt, an dofir ëmmer méi op der Sich no héich qualifizéierten a polyvalenten Aarbechtskräften ass.

Leider ass et esou, datt vill Leit, déi an der ADEM ageschriwwe sinn, dës Usprëch net méi erfëllen. Do ass d'Politik natierlecht gefuerdert, un éischter Plaz d'Éducatioun. Déi berufflech Formatioun fänkt an de Schoulen un. Et gëtt nach ëmmer vill ze vill Kanner, déi ouni iergendeen Ofschloss aus der Schoul kommen. Dat hu mir gëschter an eisen Débatë gesinn. Oder et si grad déi Kanner, déi ee muer an iwwermuer an de Statistike vun der ADEM als Chômeur de longue durée wäert erëmfannen.

D'Iddi vun der Regierung, fir zu Lëtzebuerg eng École de la deuxième chance ze schafen, ass sécherlech e gudden an e begréissenswäerte Moyen, mat deem ville Kanner a Jugendleche weidergehollef ka ginn. Mä et ass kee Wonnermëttel. D'Éducatioun muss méi flexibel ginn, sech méi un de Besoinë vun der Wirtschaft orientéieren. D'Schoul muss mat der Wirtschaft evoluéieren.

Nieft der beschtméiglecher Formatioun vun den zukünftegen Aarbechtskräften ass d'Politik awer och gefuerdert deenen ze hëllefen, déi d'Schoulbänk scho laang verlooss hunn an enorm Problemer hu sech um Aarbechtsmaart ze integréieren. An d'Zuel vun deene gëtt, wéi ech virdru betount hunn a wéi de Rapporteur hei ënnerstrach huet, ëmmer méi grouss.

De virleiende Gesetzesprojet schaaft e legalen a finanzielle Kader, deen d'Integratioun vun deene Chômeure fuerdert, déi wäit ewech si vum Aarbechtsmaart. An dësem Sënn reit sech de virleiende Projet an all déi Moossnamen an, déi an dësem Beräich während deene leschte Jore geholl gi sinn.

Wann et méiglech ass verschidde Chômeuren nees op de Wee vum Aarbechtsmaart zréckzekréien, zum Beispill iwwert de Wee vun enger berufflecher Réorientatioun oder iwwert de Wee vun engem Encadrement bei der aktiver Sich no enger Aarbecht um Aarbechtsamt, esou gesäit dat bei villen anere leider manner roseg aus, virun allem bei deenen, déi keng oder eng defizitär Qualifikatioun hunn.

Oder et ass, wéi dat de Rapporteur schonn a sengem Rapport festgehalen huet, dee Qualifikatiounsdefizit mat anere Problemer gekoppelt, déi derzou bäidroen, datt déi concernéiert Leit et ganz schwéier hunn eng Aarbechtsplaz ze fannen. Alkohol, Drogen, Depressiounen, virun allem awer och kierperlech a gesondheetlech Aschränkungen, Problemer am Stot, Konflikter an der Famill oder Iwwerschëldung: Dat sinn déi meeschten zitéiert Problemer, déi nieft enger ongenügender berufflecher Qualifikatioun erklären, firwat Leit esou laang am Chômage bleiwe respektiv net aus dem Chômage eraus fannen. Dës Leit riskéieren à terme um Rand vun eiser Gesellschaft ze liewen. Et geet och ëm déi sozial Kohesioun zu Lëtzebuerg.

Dat erkläert, Kolleeginnen a Kolleegen, datt et noutwendeg ass nei Weeër ze beschreiden. Et ass kloer, datt hei klassesch Integratiouns- oder Réintegratiounsmethoden net méi duerginn. D'ailleurs géife se och net gräifen. Villes ass och schonn hei geschitt ënnert dem Impuls vun de Beschäftegungsinitiativen, déi natierlech ouni déi staatlech finanziell Ënnerstëtzung net à même gewiescht wären, fir am Beräich vun der Integratioun op dem Aarbechtsmaart aktiv ze ginn.

D'Beschäftegungsinitiative stelle fir d'Laangzäitaarbechtsloser, déi net déi néideg berufflech a sozial Kompetenzen hunn, fir op dem „normalen" - ënner Gänsefüßchen - Aarbechtsmaart eng Plaz ze fannen, eng adequat Äntwert duer. Iwwert de Wee vun de Beschäftegungsinitiativen an en adequaten Encadrement, kënne si zréck an d'Beruffswelt kommen. D'Beschäftegungsinitiative ginn de Leit, déi si betreien, déi néideg Motivatioun.

Duerch hir Betreiung eegnen déi concernéiert Chambere sech nees lues a lues

nei Kompetenzen un. Si kréien domat no an no hire Problem geléist oder zumindest gemeeschtert. Esou gëtt hir Employabilitéit wesentlech verbessert an hir Chancë gi méi grouss, erëm an den aktiven Aarbechtsmaart zréckzefannen an hir Plaz an eiser Gesellschaft kënnen als vollwäerteg Mënschen anzehuelen.

Mam virleiende Gesetzesprojet sollen elo och Betriber - an dat ass begréissenswäert - an Zukunft divers Aktivitéiten ubidde kënnen, mam Zil d'Demandeurs d'emploi op den Aarbechtsmaart ze kréien. Si kennen effektiv wéi keen aneren den Aarbechtsmaart an d'Besoinë vun de Betriber, esou datt et Sënn mécht fir iwwerhaapt d'Betriber mat anzebannen an domat och all d'Kritike vun enger Concurrence déloyale aus der Welt ze schafen.

Ech fäerten awer, datt wéinst dem Zäitopwand an dem Fachwëssen, dat erfuerdert ass fir eng Persoun erëm fit fir den Aarbechtsmaart ze maachen, net vill Betriber vun de Méiglechkeeten, déi dee virleiende Gesetzesprojet virgesäit, profitéiere wäerte respektiv si wäerte sech just ëm déi manner problematesch Chômeure këmmeren.

Ech hoffen, datt meng Angscht a meng Besuergnis net berechtegt ass an datt vläicht am Ufank net esou vill, mä duerno ëmmer méi Betriber d'Chance ergräifen, zesumme mat anere Beschäftegungsinitiativen, fir engem Chômeur eng erfollegräich berufflech Integratioun ze erlaben, obschonns ech mer och bewosst sinn, datt zumindest fir de Moment d'Beschäftegungsinitiative outilléiert sinn, mat problematesche Chômeuren eens ze ginn. Mä och si hunn eng Kéier missen ufänken. Wat si fäerdeg bruecht hunn, kënnen och Privatbetriber fäerdeg bréngen. Et ass eng Saach vum Engagement an et ass eng Saach vum Wëllen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Gesetzesprojet spigelt d'Evolutioun an der Approche vum Chômage erëm, an d'Erkenntnis, datt een Deel vun der Aarbechtslosegkeet net vum wirtschaftlechen Opschwong profitéiert. E spigelt och dee Wiessel um Niveau vun der Aart a Weis, wéi ee mat Laangzäitaarbechtslose soll ëmgoen.

Wann de Wee zréck bei ee Patron an de Betrib fir Verschiddener total illusoresch ass, esou erkenne mir awer endlech un, datt et och aner Weeër gëtt, fir d'Laangzäitaarbechtslosegkeet ze bekämpfen an deene Leit ze hëllefen, wéi d'Ausbezuelung vum Chômagegeld oder dem RMG. Hei ass eng Moossnam, déi wesentlech derzou bäidréit a bäidroe kann, fir dee Problem besser an de Grëff ze kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen, mam virleiende Gesetzesprojet kréien all déi Leit, déi sech dem Kampf géint de Chômage an der Ausgrenzung verschriwwen hunn, Moyenen, fir hiert Engagement besser a verstäerkt weiderzeféieren. Dowéinst steet meng Fraktioun mat Sécherheet hannert dësem Text.

Ech géif nach Folgendes derbäifüge bei dat, wat de Rapporteur gesot huet, am Zesummenhank mat de Formes juridiques vun deenen, déi sech sollen ëm déi Laangzäitaarbechtslos bekëmmeren.

Et ass manner wichteg wie Beschäftegungsinitiativen initiéiert, mä méi wichteg ass et, datt déi déi et maachen, déi déi et kënnen, d'Moyenë kréien, fir et gutt ze maachen, am Intérêt vun deene Mënschen, déi ouni Aarbecht sinn an déi Problemer hu fir eng Aarbecht ze fannen, an domat sech an eis Gesellschaft ze integréieren. Dorop kënnt et un, an et ass och dat d'Ursaach, firwat ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dem virleiende Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Marcel Glesener Merci. Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Merci, Här President. Ech hu gëschter Owend nach den Exposé des motifs vun deem Gesetz, wat 2003 déposéiert ginn ass, nogekuckt, an dat ass e Gesetz, wat effektiv justifiéiert ass fir eng Base légale an deenen aarbechtsbeschaffende Gesellschaften, an deenen Initiatives sociales do erbäizebréngen. Als fënnefte Punkt stoung do och eppes vun der Transparence financière, mä ech hunn am Gesetz leider keng Fiche financière fonnt, esou dass de Minister ons herno soe kann, wat dat da kascht, well dat trotzdeem eng interessant Considératioun ass.

Et ass virdrun hei zu Recht gesot ginn, dass de Conseil d'État d'Société commerciale gefuerdert huet an och dee Comité du suivi ausgeblendt huet, well dat ze vill ëmständlech wier. Kritesch Froe sinn natierlech scho beim Numm ugaangen, chômage social, chômage incompressible. Ech sinn och der Meenung gewiescht - de Plein emploi ass zwar an dëser Period ganz ambitiéis -, dass dat hei e méi adequat Wuert ass, fir de Leit d'Hoffnung ze loossen. De Minister hat och deemools an der Kommissioun selwer gesot, dass et net wier fir do Leit opzefänken déi net schaffe wëllen, mä déi déi einfach net kéinte schaffe goen.

Wat sécher ass, d'Décisioun bleift jo bei der ADEM, wéi eng Leit an déi dote Forme vun der Aarbecht ginn. Et war och vu virera gesot ginn, dass Contrats de travail spéciaux net erwënscht wieren an dass ee soll den Droit du travail commun loossen. Et war och gesot ginn, dass de Stat keng Carrièrë kéint garantéieren, mä misst de Mindestloun garantéieren. Bei de Marchés publics, dat ass virdru gesot ginn, do hu mer elo natierlech déi Justizdécisioun, wat Polygone ubelaangt, do brauch een net drop zréckzekommen.

De Finanzement natierlech, dee virdru 75% op de Fonds de l'emploi komm ass, ass elo 100% drop. Och 37% vun den Infrastrukturen, an dat ass och schonn e Fortschrëtt géif ech mengen. Ech hoffen natierlech, dass de Minister d'Agrémentskonditiounen am A behält, well soss kréie mer awer eng Multiplikatioun vun deenen dote Firmen. Mir hunn där jo schonn eng Rei um Maart. Da wier et och nach interessant ze wëssen, wat déi Kritäre wieren.

D'Transitiounsperiod ass ugeschwat ginn, bis et solle Sociétés commerciales ginn, an d'Forme juridique also och. De Statsrot huet och kritiséiert, dass an deem éischte Gesetz véier Psychologe sollten agestallt ginn. Mer hu jo scho Psychologen am PAN-Gesetz agestallt, an ech hoffen net, dass herno an der ADEM méi Psychologe sëtze wéi Leit déi eng Aarbecht sichen. Zemools wou se elo an der lescht, dat si mer d'lescht Woch gewuer ginn, d'Évaluation psychologique an d'Kompetenzbilanen auslageren op Interactions, an esou virun. Also et freet ee sech, ob mer iwwerhaapt dann nach Psychologe brauchen, wa mer et dach auslageren.

Eng Kritik war och, beim Statsrot am éischte Volet, dass de Ratio tëschent den Encadrants an den Encadrés einfach ze héich wier. Et wier en ze héijen administrative Waasserkapp. Dann ass do nach déi Affär vum Finanzement vun 100%. Mer wësse jo, dass an enger éischter Etapp souguer d'Organisatiounen dergéint waren, well se net nécessairement wollten en parallèle gesat gi mam Handicap. Dat ass am Ufank gesot ginn. En anere Problem, wou ech de Minister och gären héiere géif, ass, wéi et mat der TVA steet, esou laang déi Iwwergangsperiod ass, well do jo d'Administratioun vum Enregistrement d'TVA aklot.

Interessant war och déi Formel, déi bei verschiddene Projete koum, wou de Cofinanzement vum Fonds social européen zum Deel matgesponsert ginn ass, an duerch onse Stat. Transparenz, dat läit ons jo geméinlech um Mo, net nécessairement den Dialog, mä ech mengen et sinn zéng Joer hier, dass mer dat als Slogan haten. D'Commission de l'exécution budgétaire…

(Interruptions)

Jo, dat och, mä ech mengen, dat ass zwar nach ëmmer gutt. Do soll ee sech drun halen. Dat kënnt erëm bei aneren, genau wéi „de Mënsch am Mëttelpunkt", dat hate mir schonn an de 70er Joren als Slogan. D'nächste Kéier bréngen ech ons Programmer mat. „Jiddwereen zielt", dat hu mer och scho kannt. „Jiddwereen zielt" an „de séchere Wee". Mir ginn alt nei Weeër. Wéi sécher en ass, dat gesi mer, mä ech mengen…

(Hilarité)

Dir musst lech e bëssen entspanen hei!

Op alle Fall ass et jo och virugaange mat engem Audit financier iwwert d'Period 2000-2003. Wann et een interesséiert, ech hunn en hei a mengen Dokumenter. Ech hunn och ni eng Zuel fonnt vum Retour op de Marché primaire. Ech hunn déi Zuelen einfach net fonnt, mä ech wier drun interesséiert eppes doriwwer ze héieren, dat ze wëssen.

Et ass jo kloer, dass wann ee vu Chômage incompressible géif schwätzen, dat géif jo d'Faillite vun der Regierungspolitik am Emploi, loosse mer soen, an Evidenz setzen. D'Selektioun vun de Kandidaten hu mer gesinn. Ech si ganz frou, dass mer déi Employabilitéitskategorien net an d'Gesetz geschriwwen hunn, well da géif een de Leit quasi Etiketten op de Réck pechen; an dat deet wéi, wann ee se kategoriséiert, definitiv. De Marcel Glesener an den Ali Kaes hu vun Netqualifikatioun an esou viru geschwat. Ech erënneren awer un e Saz, deen onse Kolleeg Jos Scheuer e Samschdeg um Radio gesot huet: „Et kann een net an alle Problemer der Schoul d'Schold ginn." Dat ass hei och e Problem. Déi Incapacité sociale, déi mer hei och am Text gelies hunn, dat ass eng zimlech désespérant Situatioun.

D'Haaptroll am Suivi duerch d'ADEM ass jo dee Service d'accompagnement personnalisé, déi jo dann décidéieren. Ech mengen, am September 2006 stoung e ganz interessante Saz an der Commission du Travail et de l'Emploi: «Il importe aussi que la réforme de l'ADEM aille de pair avec l'évacuation du projet, afin que les services administratifs compétents soient mis en état de répondre efficacement aux nouvelles exigences.» Dat, wësse mer alleguer, ass net geschitt.

Den Här Ombudsmann Marc Fischbach huet de 25 November 2008 an der Chamberskommissioun - an do hunn der vill vun ons onsen Oueren net gegleeft, wéi mer dat héieren hunn, a souguer ons Membere vun der Kommissioun hu gesot, dass déi ADEM guer net méi am Zoustand wier, fir den Développement vum Chômage an de Grëff ze kréien - haaptsächlech gesot, dass d'Infrastruktur defizitär wier, mä och dass d'ADEM géif schlecht fonctionnéieren an d'Organisatioun esou defizient wier, dass intern eng Koordinatioun ass, déi total dysfonctionnéiert.

De Bureau d'accueil. Ech muss soen, wann ee moies iwwert d'rue Bender trëppelt, deen Accueil vun deene Leit, déi do am Ree stinn, zu 30, 40, 50 hirer, ech gleewen, dass d'Béischten an engem Schluechthaus besser empfaange gi wéi déi, an ech kann lech soen…

(Interruptions)

Dach, dach, dat ass ganz dramatesch. Ech stelle mäin Auto heiansdo an de Parking vun der Rocade, da ginn ech do laanscht. Ech kann lech soen, dat ass traureg. An do gëtt et also Zäit, dass d'Regierung do eng Prioritéit setzt.

Vun deene Placeuren, déi iwwert déi lescht dräi Joren agestallt gi sinn, sinn der 13, déi keng Fonctioun als Placeur hunn, an d'Zuel ass awer vun 18 bis op 43 eropgeklommen, dovunner 30 mat eben enger Fonctioun als Placeur. Dat huet guer näischt geännert. Dat ass och net ze änneren. D'Bilane sinn net gemaach ginn, ech hunn dat scho gesot. D'Moral vun der Geschicht: D'ADEM huet sech einfach net der Evolutioun vum Aarbechtsmaart ugepasst. Si fuere mat Rezepter vu gëschter, a guer net mat Léisunge fir haut oder haaptsächlech muer.

Wat ech och nach ze soen hunn, dat ass, d'Struktur vun där Verwaltung ass an där Form, wéi se besteet, net ugepasst. Mir wëssen natierlech, dass d'Regierungen an deene leschte Jore mat der Fonction publique verhandelt hunn an och de Rôle vun den Établissements publics ausgeklamert hu fir de Moment, mä ech mengen, et ass fir eng zukünfteg Regierung ubruecht, fir mat der CGFP dat ze verhandelen.

De Chômage klëmmt, en ass och an Zäite geklomme wou onse PIB 5%, 6% an d'Luucht gaangen ass, en ass och geklomme wou mer 12.000 bis 15.000 Aarbechtsplaze geschaaft hunn. Ech hu mech ëmmer gefrot, wou déi wieren. An d'ADEM, déi lagert déi schwiereg Fäll aus, wéi gesot, un d'Beschäftegungsinitiativen, d'Psychologen an esou virun. Et wier also elo un der Zäit fir eng Evaluatioun ze maachen. Déi ass zwar regelméisseg gemaach ginn, mä et ass ni vill erauskomm dobäi: Vum PAN-Gesetz, wat elo am Februar 10 Joer feiert, vum 5611, dee jo hei an dësem Haus virun dräi Joer gefeiert ginn ass wéi eng Panacée. De Fonds de l'emploi misst een och nach eng Kéier kucken, wéi do d'Dépensë geklomme sinn, dat géif een interesséieren.

D'ADEM géréiert also d'Aarbechtslosegkeet, an et brauch een nëmmen an dëser Legislatur ze kucken, dass säit 2004 d'Zuelen ëm 25% geklomme sinn, haaptsächlech aux dépens vun de Leit iwwer 50 Joer. Ech muss zwar och do derbäi soen, dass déi dräi Invaliditéitsgesetzer, déi an de leschten zéng Joer gestëmmt gi sinn, zimlech haart si vis-à-vis vu Leit, déi fréier iwwer e medezinesche Modell pensionéiert gi wieren. Mä mer mussen ons awer virun Aen halen, dass een net mat medezinesche Modeller sozial Problemer léist.

D'Budgete vun der ADEM a vum Ministère, dat hunn ech gesot, missten also gekuckt ginn. Wann ee mat de Patrone schwätzt, dann héiert een déi eng soen: „Ech ëmginn d'ADEM esou oft ech kann. Also wann ech se ka contournéieren, maachen ech et." Anerer si ganz zefridde mat deene Consultanten, déi haaptsächlech fir verschidden ekonomesch Secteuren do sinn, déi geméinlech selwer aus der Privatindustrie kommen an déi d'Problemer an der Industrie oder an dem Geschäfts- oder an anere Secteure kennen. Där hu mer der, mengen Informatiounen no, aacht oder zéng. Mä déi Patrone si mat deenen extrem zefridden. Se soe par contre, soubal Dir et mat der Administratioun als solches ze di kritt, da fänkt et u lues a komplizéiert ze ginn.

E gutt Beispill sinn déi Indemnités de réemploi, wou de Patron muss all Mount déi Pabeieren ausfëllen, an dat dauert jo bekanntlech bis véier Joer. Dat ass eng administrativ Hürd, déi gehéiert reduzéiert ze ginn. An da wier et awer un der Zäit, mer hate jo x Auditen, mer haten x Pabeiere vun der OECD, mer hate Pabeiere vun onsem Statec leschte Summer, et gëtt elo Zäit fir eng aussestehend, neutral Firma ze huelen an e bëssen ze kucke wéi et geet, well de Gruef zwëschent dem Aarbechtsmaart an der ADEM gëtt ëmmer méi breet a méi déif.

D'Convention d'activation individuelle muss obligatoresch ginn, se muss och vill méi fréi ugesat ginn, wéi dat elo de Fall ass. An da widderhuelen ech, dass mer en Dënschdeg virun aacht Deeg mat der Chamberskommissioun op d'ADEM gaange sinn, an do konnt ee sech effektiv iwwerzeegen, dass d'ADEM net méi vill mam Aarbechtsmaart ze dinn huet, mä méi mat enger sozialer Institutioun. Mir krute souguer Zuelen dohinner geluecht, déi schonn zwee, dräi Méint al waren.

Den Ombudsman, den Här Fischbach, eng respektéiert Persoun, hat jo der Regierung un d'Häerz geluecht, fir d'Direktioun vun der ADEM auszewiesselen. Den honorabelen Här Castegnaro huet dat nämlecht haut um Radio gefuerdert. Ech hunn hien net héieren, an ech si bekanntlech net ëmmer d'accord mat him, mä an där Fuerderung schléissen ech mech dem Här Castegnaro un. Dat huet och eppes mat deem Audit ze dinn, mat dem Aarbechtsmaart, mir schwätzen hei och dovunner. Dat ass en Deel dovunner.

(Interruptions)

An d'ADEM muss déi Leit kontrolléieren, déi…

M. le Président.- Den Här Krieps huet ganz eleng d'Wuert.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Neen, dat ass ze vill verlaangt, Här Mosar.

(Hilarité)

Also, ech wëll just soen, dass d'ADEM déi Leit kontrolléiert, déi an déi sozial Beschäftegungsmesurë kommen. Do kënnt Dir also net soen, d'ADEM hätt näischt domadder ze dinn. Dës Legislatur hu mer souwisou schonn e puer Verwaltungschefen ofgesat, bei der Police, bei Sites et monuments, et geet net op een un. Ech mengen an ech géif och behaapten, dass d'ADEM e Schëff ouni Kapitän ass, dat trotz dem méi staarke Wellegank gedriwwe gëtt, an ech hoffen och, dass de Minister Biltgen geschwë seng Schwammwest uleet an de Rettungsrank prett hält, well dat hei geet net ganz gutt momentan.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Mir hëllefen dem Minister.

M. Alexandre Krieps *(DP)*.- Ech erwaarden dat och. Ech hëllefen him och gären, mä hie muss e bësse méi oft op ons lauschtere wéi op lech, Här Glesener.

D'DP seet och dem Rapporteur Ali Kaes villmools Merci fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Bericht a wäert dat hei Gesetz och stëmmen, trotz deene puer Mängel, déi dra sinn, well dat hei Gesetz sech ëm déi Äermsten an onser Gesellschaft bekëmmert an hinnen d'Hoffnung léisst.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Krieps Merci. Als nächste Riedner ass den Här Schneider agedroen. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider *(LSAP)*.- No deenen émouvante Wierder vum Alexandre

Krieps a sengem typesche Stil, probéieren ech erëm e bësse Rou an dës Diskussioun eranzekréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt géif ech emol dem Rapporteur vun dëser Plaz aus Merci soe fir säi mëndlechen, awer och virun allem säi schréftleche Rapport, deen eis, mengen ech, am Detail déi ganz Situatioun vum Marché de l'emploi gewisen huet, och d'Facettë vum Chômage, an och eigentlech den Inhalt gewisen huet, firwat datt mer dëst Gesetz ëmänneren, firwat mer op dëse Wee gaange sinn dëst Gesetz iwwerhaapt ze maachen.

Dëst Gesetz war e laange Prozess. Vun 2003 un hu mer iwwert dëst Gesetz geschwat, hunn diskutéiert, hunn an der Chamberskommissioun Iddien erabruecht, Amendementer erabruecht, krute vum Conseil d'État Avise geschéckt, kruten Iddien iwwert de Koup gehäit a si schlussendlech zu dësem Gesetzesprojet komm, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren an och ofstëmme wäerten, an deen am Endeffekt eigentlech nëmmen zwou Saache beinhalt.

Déi Éischt, datt mer elo kloer Regelen, datt mer e Kader setze fir de Finanzement vun deenen eenzelnen Initiativen, vun deenen eenzelne Mesuren, fir eben de Rétablissement vum Plein emploi ze garantéieren. Méi ass et am Prinzip net, wat mer de Mëtteg hei maachen: Dee legale Kader setzen, an derniewent, mengen ech, awer och ganz kloer definéieren, wat fir eng Form vu Kontrakter an Zukunft kënne vun deenen eenzelnen Initiativen ofgeschloss ginn, an derniewent och wéi dann elo den Encadrement ausgesäit, wéi d'Formatioun geregelt ass a wéi déi eenzel Konventiounen ofgeschloss ginn. Alles dat, mengen ech, ass en technesche Volet, deen den Ali Kaes de Mëtteg hei am Detail erkläert huet, schréftlech an och mëndlech.

Duerfir wëll ech net op Eenzelheeten agoen, fir nach eng Kéier iwwert de Projet an den techneschen Detailer ze schwätzen, mä ech wäert e bëssen aushuelen an eigentlech kucken, wéi schonn an der Vergaangenheet dës Initiativen, dëst Zesummeschaffen zwëschent deenen eenzelnen A.s.b.l.en an den Demandeurs d'emploi, an awer och deenen anere Partner, souwuel de Partner vun der Ekonomie wéi vun de Verwaltungen, der ADEM, an anere Partner, déi och matgespillt hunn, eigentlech fonctionnéiert hunn. Et kann een an der Regel soen, datt et en exzellent Fonctionnéiere war, wou villen dausende vu Leit konnt gehollef ginn, direkt oder indirekt.

Et ass de Mëtteg och keng Debatt hei gefouert ginn iwwert d'ADEM, déi féiere mer op enger anerer Plaz, déi wäerte mer féieren, wann de Projet de loi iwwert d'Reform vun der ADEM wäert kommen. Duerfir solle mer eis de Mëtteg konzentréieren, fir den zwee Voletë vun der Bekämpfung vum Chômage entgéintzegoen. Den Éischten ass deen, dee mer alleguerten heibannen an der Chamber, an ech mengen och dobaussen, ustriewen, dat ass den Erhalt vun den Aarbechtsplaze vun deenen eenzelne Leit.

Dat sinn déi eenzel Mesuren déi mer ustriewen, wou mer de Mëtteg elo nach déi vum Chômage partiel, déi liicht Ëmännerunge vun dësem Joer, déi nei Bestëmmunge wäerten ofstëmmen, an derniewent all déi Saachen déi bestinn, wéi d'Aide au réemploi, wéi steierlech Moossname fir Betriber, wéi derniewent ze kucken, wéi mer duerch Formatioun, duerch d'Instrument vum Maintien dans l'emploi probéieren d'Aarbechterinnen an d'Aarbechter, d'Employéen, d'Salariat souzesoen am Aarbechtsverhältnis ze behalen.

Do dernieft fanne mer awer eng Rei vu Leit erëm, wat evident ass, a virun allem mengen ech, beim Usteige vum Chômage, deen Enn des Mounts, Enn November bei 4,7% louch, Enn Dezember nach e bësse méi héich, a wou mer wëssen, datt en an Zukunft wahrscheinlech nach wäert klammen, wa mer elo scho gesinn, wat fir eng Betriber Kuerzaarbecht ugekënnegt hunn, a wa mer och gesinn, wéi d'wirtschaftlech Lag dobaussen ass.

Da gëtt et deen zweete Volet. Dat ass eben deen, dee mer hei ustriewen, dee mer hei kucken ze regelen, dee mer probéieren an engem legale Kader elo ze regelen, fir de Leit direkt ze hëllefen. Dat ass dee fir déi Leit opzefänken, déi keng Aarbechtsplaz méi hunn, déi effektiv an de schwéieren Zyklus vum Chômage erafalen, an entweder nach eng Indemnitéit kréien oder keng Indemnitéit méi kréien, sief et Chômage, sief et RMG, oder iwwerhaapt näischt méi hunn. Grad duerfir, mengen ech, sinn dës Initiativen entstanen.

Mech huet eigentlech och beweegt, obwuel ech d'Zuele kannt hunn, wéi d'Struktur vun eisen Demandeurs d'emploi wier. Wéi mer bei der ADEM waren, krute mer d'Zuelen dohinnergeluecht, wat - a Klammeren - Dageszuele waren, déi een net esou genau muss huelen, mä de Prozentsaz huet awer geklappt.

A wa mer dervun ausginn, datt mer eng Ënnerdeelung vun de Chômeuren a Kategorië maache vun A bis E, wou A a B eigentlech déi sinn, déi relativ einfach ze placéiere sinn, wou d'„A"en am Prinzip ganz kuerz am Chômage sinn a wou se ganz séier eng Aarbechtsplaz selwer oder indirekt duerch d'ADEM fannen, an zweetens, déi vum B eng liicht Hëllef brauchen, fir déi Orientéierung ze kréien, esou stellen all déi Kategorien duerno vun C, D an E 68% vun den Demandeurs d'emploi duer.

Grad dat sinn déi Leit, déi mussen opgefaange ginn. Déi gi selbstverständlech duerch eng Rei vu Mesuren, duerch eng Rei vu Servicer vun der Verwaltung a vun anere Verwaltungen opgefaangen, mä dat sinn awer och déi Leit déi hei mussen en Nest fannen, fir kënnen direkt ënnerstëtzt ze ginn. Bei deene muss probéiert gi se op de Wee ze kréien.

Virun allem déi, déi aus dem Secteur vun deenen ënneschte Schichte vum E kommen, brauchen eng massiv Hëllef. Do muss ech lech éierlech soen, an dat och aus praktescher Erfahrung eraus, gesinn ech awer keng aner Strukture wéi déi vun den Initiativen, fir déi dote Leit korrekt a gutt opzefänken. Hei gëtt effektiv an de leschte Jorzéngten um Terrain eng ganz wäertvoll Aarbecht geleescht. Hei sollte mer op dëser Plaz all deenen, déi bis elo am Bénévolat an den A.s.b.l.e gehollef hunn, e grousse Merci soe fir déi onentgeltlech Aarbecht, déi se Dag fir Dag hei leeschten.

D'Situatioun awer um Aarbechtsmaart wäert derniewent changéieren. Et wäert also nach méi schwéier ginn, datt och dës Initiativen de But, dee se alleguerte verfollegen, fir déi Leit erëm an dee ganzen Aarbechtsprozess zréckzekréien, erreechen.

Mir wäerten an Zukunft de Phenomeen kréien, dass Enn des Mounts ganz vill Offres d'emploi opstoebleiwen. Dat gesi mer elo, well mir haten der an der Zäit esou an der Moyenne ëm déi 2.000, déi Enn des Mounts opbliwwe sinn. Um Enn vum Mount November ware mer scho bei 1.600; also tendenzfalend. Den nächste Mount wäerte mer gesinn, datt d'Offer-Plazen zréckginn, an op där anerer Säit d'Demandes d'emploi wäerte steigen.

D'Schéier also zu deem, wat machbar ass, wäert an Zukunft méi grouss sinn. Et wäert also nach méi schwéier ginn eng Aarbechtsplaz ze fannen; eng fest Aarbechtsplaz ëmsou méi schwéier.

Dofir geet dëse Projet de loi an déi richteg Richtung. E setzt déi richteg Akzenter an e féiert op dat zréck, wat ech virdrun ugeschwat hunn: déi laang Traditioun vun dësen Initiativen, vun dëse Beschäftegungsinitiativen; wat kee positiivt Wuert ass, mä ech fannen einfach keen anert fir et ze benennen; wat awer dat erëmspigelt, wat et effektiv ass.

Well effektiv, wéi et schonn ugeklongen ass, souwuel vum Ali Kaes wéi och vum Marcel Glesener: Et gëtt hei keng Beschäftegungstherapie gemaach. Et gëtt geschafft um Wäert vun de Leit. Et gëtt Formatioun gemaach. Et gi Servicer ugereegt. Et ginn nei Besoinë kreéiert.

Dës laang Traditioun vun Initiativen ass entstanen aus A.s.b.l.en a virun allem och aus Gewerkschaften, déi sech verflicht hunn eng Hand mat unzepaken, fir eben deem dote Fléau entgéintzewierken, déi grad deene Schwaachen an der Gesellschaft eng Hand upaken, fir erëm zréck an den Aarbechtsprozess ze kommen an hinnen hëllefen eng sënnvoll Aarbecht, eng moralesch nei Wäertung unzestriewen.

Hei hunn awer och niewent de Gewerkschaften d'Gemengen eng ganz wichteg Roll gespillt, souwuel materiell wéi och finanziell. Och hei goufen der eng Rei opgezielt.

Wat déi eenzel Initiative betrëfft, esou si ganz gutt bekannt: den OPE mat hire CIGLen a CIGRen, derniewent de Forum, de ProActif an dann d'Perspective Emploi, wéi awer och derniewent déi eenzel Gemengen, déi opgezielt sinn - Diddeleng an Ettelbréck -, déi eenzel Projete lafen hunn, déi formidabel fonctionnéieren, déi eigentlech e Virbild si fir all déi aner Gemengen. Dofir och en Appel un d'Députémairen, déi nach net esou Initiative matënnerstëtzen, fir dës direkt an de Gemengen anzeféieren, fir esou Initiativen ze maachen.

Haut ass schonn déi Aarbecht, déi geleescht gouf, vun där ech geschwat hunn, eng formidabel Aarbecht. An och wa mer de Mëtteg net vun der ADEM schwätzen, esou muss een awer soen, datt grad dës Initiativen d'ADEM entlaaschten, datt se hinnen hëllefen niewent deene Strukturen, niewent deem Personal, dat besteet, honnerte vu Leit, déi encadréiert musse ginn, do ze betreien. Dat sinn Éducateuren; dat sinn Éducatricen; dat ass d'Personal, dat aus de Betriber kënnt, dat Erfahrungen huet, fir déi Leit kënnen unzepaken, an dat awer och de soziale Feeling muss hunn, fir déi doten Demandeurs d'emploi kënne richteg unzepaken.

Wat am Endeffekt derbäi erauskënnt, ass fir mech eng „win-win"-Situatioun. Et ass e „win" fir den Demandeur d'emploi, de Mënsch u sech, deen eng Bestätegung kritt all Dag erëm kënnen enger wäertvoller Beschäftegung nozegoen, de Rhythmus vum schaffen, de Rhythmus vun där normaler Wirtschaft kënne virunzedreiwen, moies opzestoen, eng wäertvoll Aarbecht ze leeschten, eng bleiwend, eng nohalteg Unerkennung ze kréien.

Op där anerer Säit gi mer dem Bierger nei Servicer, gi mer him Servicer, déi mer an der Regel net géife realiséieren, wa mer dës Initiativen net hätten.

Drëttens kréie mer Projete realiséiert - dat gesi mer alleguerten all Dag an de Gemengen, um Land, beim Stat an iwwerall -, déi mer am Prinzip net géife maachen. Dat sinn och Projeten, déi gutt sinn, déi bleiwend sinn an déi souwuel de Kanner wéi alle Leit, den Elteren, awer och der eelerer Bevölkerung zegutt kommen. Ech wäert herno nach eng Kéier op déi Besoinen an déi Servicer zréckkommen.

Derniewent soll een eppes net vergiessen, wat bis elo ni hei ugeschwat gouf. Och dës Initiativen, och wa se ee Charakter hu vu Formatioun, vun neie Wäerter schafen, vu Beschäftegung kreéieren, sinn och déi vum Placement. Ech kennen dausende vu Fäll, déi duerch esou eng Initiative konnten eng nei Aarbechtsplaz vermëttelt kréien, entweder direkt oder indirekt.

Derniewent och dat Ureege vum Sënn vun Aarbechten, vum Sënn vu Beruffer. Wou mer ganz séier erëmfannen, datt eng ganz Rei vu Léierverträg ofgeschloss konnte ginn, souwuel fir Adultë wéi och fir Jonker, déi en neie Spaass um Léiere kruten, a wou souzesoen eng ganz nei Schoul vun der zweeter Chance hei entstanen ass fir zréck an d'Liewen erëmzefannen, wou sech ganz séier d'Kompetenzen erausgeschielt hunn, déi se hunn.

Wa mer ganz dacks iwwert de Wäert vun dëse Kompetenze schwätzen, hei fanne mer se konkret erëm. Ech kennen op jidde Fall an der Praxis eng ganz Rei vu Beispiller, wou dëse Placement niewent dem Ophuelen, niewent der Betreiung vun de Leit och fonctionnéiert huet.

Dëst Gesetz ass awer och kloer - an dat hu mer och an der Kommissioun als LSAP gesot - fir eis nëmmen eng Tëschenetapp als Schratt hin zur Économie solidaire.

D'Forme juridique, déi och hei ugeschwat gouf an déi jo an dësem Feld nëmme gespillt huet, fir d'Matmaachen an de Soumissiounen, wou jo och d'Uerteel dat ass, datt d'A.s.b.l.en net kënnen un enger Soumissioun deelhuelen an dofir eng nei Forme juridique muss gesicht ginn, deet et mir och leed, datt no laangen Diskussiounen, no laangen Avisen, déi geschriwwe goufen, leider dës nei Forme juridique net an dësem Projet de loi elo festgehale konnt ginn a mer viru musse kucken nei Weeër ze fannen, datt mer och hei kënnen un öffentlechen Ausschreiwungen deelhuelen, wou dat soziaalt Element muss mat erakommen; och wa mer wëssen, datt an der Praxis schonn eng ganz Rei vu Betriber dëse Wäert matdroen an dëst soziaalt Element fräiwëlleg an hir Ausschreiwungen, an hir Cahiers de charges mat integréieren. Dëst ass och e Wäert a wäert an Zukunft och en nohaltege Wäert sinn.

Mir hunn hei - an dat kann een indirekt soen; dat ass mat Sécherheet déi Kritik, déi vu baussen dacks kënnt - een éischten an een zweeten Aarbechtsmaart. Jo, d'Économie solidaire ka fir mech fonctionnéieren niewent der Wirtschaft. Firwat net? Dofir musse mer et net negativ als zweeten Aarbechtsmaart duerstellen.

Et si ganz einfach Servicer, déi musse gemaach ginn. Et si Servicer, déi entstane sinn dobaussen. Et sinn nei Weeër, déi mer fonnt hunn. Duerfir solle mer och ganz kloer de Wee vun dësem zweeten Aarbechtsmaart, der sougenannter Économie solidaire, parallell derzou goen an an Zukunft doran investéieren.

Well eppes ass kloer - an och dat wësse mer alleguerten, déi e bëssen Erfahrung hu mat den Initiativen, an där sinn der eng Rei heibannen -, all déi, déi de Mëtteg hei geschwat hunn, oder déi hätte kënnen dozou schwätzen, hätten nëmme kënne soen, datt direkt an indirekt och eis Ekonomie, eis Partner, eist Partenariat dervu profitéieren. Wivill zig dausende ginn investéiert bei Projeten, déi realiséiert ginn? Wivill Leit ginn ausgebilt a gratis Formatiounen, fir duerno kënne vermëttelt ze ginn am Artisanat, am Commerce, an der Industrie, an esou weider? Dat ass e Geldfong, dee mer net schwéier kënne schätzen, deen een awer kann ofmiessen an dëser Saach.

Dëst Gesetz, wat zënter laangem besteet, wéi ech gesot hunn, ass eng Initiativ, déi awer nëmme konnt fonctionnéieren, an déi och op d'Partenariat opgebaut ass. D'Partenariat ass de Schlësselwäert vum Fonctionnéiere vun dësen Initiativen, vun dëse Mesuren, vun dësem Kampf fir de Rétablissement vum Plein emploi.

D'Solidaritéit, déi hei spillt, ass d'Schlësselwuert vun dësem Projet. Et ass d'Partenariat zwëschent dem Stat, zwëschent de Gemengen, awer virun allem och zwëschent dem Artisanat an dem Commerce op där anerer Säit. Hei kréie mer ee gudde Gremium zesummen, eng Plattform, déi genau deenen hëlleft, déi et an eiser Gesellschaft brauchen; dat geziilt.

Hei gëtt souzesoen indirekt ee Pakt an der Bekämpfung géint d'Aarbechtslosegkeet geschloss. An hei huet, wéi ech virdru scho gesot hunn, jiddweree positiv Resultater. Hei ka jiddwereen nëmmen derbäi gewannen. Hei kënnen nëmmen d'Kompetenze vun den Demandeure gesteigert ginn. Hei gëtt de sozialen Halt vum Mënsch gefördert. An hei ass e wichtege Facteur, e wichtege Punkt fir d'sozial Kohesioun vun eiser Gesellschaft.

Ech wëll vläicht nach kuerz drop agoen, wat dës Initiativen dann elo am Endeffekt fir jiddwereen, schonn zënter Joren an an Zukunft mat Sécherheet nach méi bewosst, nach méi legal op jidde Fall, wäerte maachen.

Éischtens gi se de Leit déi Aarbechtsplazen, datt se hiert Wäertgefill erhalen, datt se am Aarbechtsprozess drableiwen, datt se, wéi ech gesot hunn, moies mussen opstoen an eng kierperlech, eng geeschteg Aarbecht realiséieren.

Si droen derzou bäi, datt eng Aus- a Weiderbildung geleescht gëtt. Awer dat net nëmmen ënnert der klassescher Form, och eng Ausbildung, déi eng Basis huet fir egal wéi ee Beruff.

Et gëtt ganz vill investéiert an d'Santé au travail. Et gëtt ganz vill investéiert an d'Sécherheet. Et gëtt ganz vill investéiert an d'Sproochen. All dës Formations de base kann ee spéider egal a wéi ee Beruff mathuelen. Et sinn also keng punktuell Formatiounen, mä et si generell Formatiounen, déi hei realiséiert ginn an déi fir éiweg wäerten de Kompetenzniveau vun deenen eenzelne Leit steigeren.

An der Gesellschaft hunn dës Leit och eng grouss Akzeptanz kritt, well se no bausse gewisen hunn, datt se eng Hand wëllen upaken, datt se wëlle jiddwerengem hëllefen, datt se déi Solidaritéit, déi si kruten, wëllen zréckginn. Dat gesi mer virun allem dann, wa mer erëm gesinn, wou d'Plaz vun dësen Initiativen ass. Virun allem ass hei de Projet vun der Proximitéit, deen déi eenzel Initiativen hunn.

Een, deen ech ganz gutt kennen, ass virun allem de Projet vum CIGR Wolz an dem OPE, do wou e Service de proximité geleescht gëtt, wou bei eelere Leit, bei kranke Leit, bei behënnerte Leit virun allem och de mënschleche Kontakt realiséiert gëtt; dat si Wäerter déi mer an der Wirtschaft net erëmfannen an déi mer hei awer nach eng Kéier däitlech erëmfannen. Duerfir ass dat heiten och e Wee, fir eben op deen zweete Volet, deen ech am Ufank ugeschwat hunn, kënnen anzegoen.

Et sinn awer och duerch d'Initiativen nei Besoinen entstanen. Et sinn nei Servicer entstanen, déi wichteg sinn, déi souzesoen nei Zorten, nei Sträng vun der Ekonomie kreéiert hunn. Ob ee se elo Économie solidaire oder anescht nennt, dat ass egal. Mä et sinn nei Besoinen, nei Aarbechtsplazen entstanen, déi mer an Zukunft richteg wäerte brauchen. Virun allem grad

elo, wou eis Wirtschaft amgaang ass zréckzegoen.

Derniewent ass awer och dat Partenariat, wat ech ugeschwat hunn, hei erëm indirekt verbonne mat de Placementer. Ganz dacks gëtt mat Stagen an den Entreprisë geschafft, wou d'Leit wierklech, niewent de Virstellungsgespréicher, wou déi Leit ganz dacks schlecht dru sinn, och wa se déi bescht Formatioun vu CVen, vu Virstellungsgespréicher geleescht kréien, kënne weise wat se kënnen. Dann ass nach ëmmer déi praktesch Ëmsetzung um Terrain an engem Stage, deen dem Patron weist wéi gutt ee Mann ass, wéi engagéiert hien ass a wat fir eng Kompetenzen hien eben an dëser Richtung huet.

Dëst Gesetz wäert massiv all dës Punkten, déi de Moment lafen, ënnerstëtzen an zousätzlech förderen. Et sinn Iddie fir d'Zukunftsvisiounen. Mir sollten dës Iddien, dës Initiativen net stoppen. Mä mir sollten dëser Zukunftskichen, déi entsteet, Moyenë ginn. Mir sollte virun allem elo, wou mer an der Wirtschaft grouss finanziell Investissementer gemaach hunn, och finanziell grouss an de Mënsch investéieren hei.

Virun allem Fongen, déi mer grad dësen Initiativen zur Verfügung stellen, dierfen net nëmmen um selwechten Niveau bleiwen, mä musse grad an dëser Zäit massiv verstäerkt ginn. Hei investéiere mer nohalteg an de Mënsch. Hei investéiere mer nohalteg an d'Wirtschaft. Virun allem dat ass ganz wichteg bei dësem Projet nach eng Kéier grad elo eriwwerzeginn.

Fir d'LSAP géif ech zum Schluss nach eng Kéier betounen, datt dëse Projet de loi vun eis déi 100%eg Ënnerstëtzung wäert fannen. Op dem Wee dohin ass et awer fir eis ganz kloer en Zwëscheschrëtt, parallell zu enger Économie solidaire. Eng Économie solidaire, déi an eisem Land soll entstoen an déi derniewent nach bleiwend nohalteg Aarbechtsplaze fir ganz vill Demandeurs d'emploi ka ginn.

Dofir an dësem Kontext e grousse Merci fir all d'Aarbecht, déi geleescht gouf. E grousse Merci no bausse fir all déi Acteuren, déi bis elo um Terrain hei geschafft hunn, déi dës Initiativen um Liewe gehalen hunn an déi d'Iddi vun engem aktive Schaffe géint de Chômage wierklech opgegraff hunn an och wierklech vollstens ënnerstëtzt hunn. An dësem Sënn géif ech mäin a virun allem och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Schneider Merci. Als nächste Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet, wéi et scho beschriwwe ginn ass, e laangen an holperege Wee hanner sech. Dëse Projet de loi huet och schonn e puermol eng 180-Grad-Kéier gemaach. A wat initialement 2003 ugeduecht war, ass op d'mannst zweemol fundamental geännert ginn.

Dat heescht net, datt mir net fannen, datt dëse Projet de loi seng Wichtegkeet, jo souguer seng Richtegkeet huet, mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou radikal Liftingen, wéi dëse Projet de loi der an de leschte sechs Joer erlieft huet, weisen awer dorop hin, datt et eng gréisser Marge de manœuvre gëtt an dëser Beschäftegungs- a Sozialpolitik. Dofir erlaabt mer, ier ech op e puer prezis Punkte vun dësem Projet de loi aginn, e puer generell Remarquen zum politesche Feld vun der Beschäftegungspolitik ze maachen.

Am Koalitiounsaccord vun 2004, dee jo elo gläich zu Enn geet, steet zu de Beschäftegungsinitiative Folgendes: datt de Gouvernement conscient ass «que dans la logique d'un cofinancement par le biais du Fonds pour l'emploi, l'objectif premier en est la prise en charge de personnes éloignées du marché du travail, et notamment de chômeurs de longue durée».

Da gëtt schonn de Projet 5144 zitéiert, deemools nach „Lutte contre le chômage social", an et gëtt gesot, datt deen esou amendéiert gëtt zesummen: «en tenant compte des réflexions des acteurs du secteur (…) sans pour autant toucher aux orientations générales du projet, à savoir:» - an da kommen dräi Punkten - «donner une base légale définitive et complète aux organismes gérant des initiatives sociales en faveur de l'emploi» - zweete Punkt - «garantir une efficacité sociale et une transparence financière de ces initiatives» - drëtte Punkt - «assurer, dans ce cadre, l'accès limité et conditionné aux marchés publics tout en évitant toute forme de concurrence déloyale».

Déi zwee éischt Punkte fanne mer an dësem Projet de loi erëm. Den drëtte Punkt betreffend den Accès conditionné aux marchés publics ass nach verbesserungsbedürfteg. Et ass schonn hei gesot ginn: Dësen drëtte Punkt misst eigentlech vun enger Richtlinn, vun engem Choix de société précédéiert ginn. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zréck.

Am Koalitiounsaccord vun der Regierung, déi elo op en Enn geet, steet awer och am Chapitre „Économie sociale et solidaire" Folgendes - an ech zitéieren -: «Le Gouvernement est conscient que la réglementation des initiatives sociales pour l'emploi ne saura à elle seule répondre aux aspirations importantes du secteur associatif œuvrant dans le cadre de l'économie solidaire. À cette fin il s'engage à mener une large concertation sur le rôle de l'économie solidaire comme troisième pilier de l'économie et la mise en place d'un cadre légal nécessaire à son développement.»

Här President, vun engem „troisième pilier et la mise en place d'un cadre légal nécessaire à son développement" si mer nach wäit ewech. Dës Hausaufgab vun dëser Regierung bleift onerledegt. Dës Hausaufgab sollt an engem éischte Moment mat consideréiert ginn, notamment an dësem Projet de loi. Op alle Fall sollt dëse Projet de loi den Trampolin dofir ginn.

Et ass awer och esou, datt an engem zweete Moment de Ministère de la Famille sech soll dësem Dossier vun der Économie sociale et solidaire unhuelen, ier deen Dossier da schlussendlech elo beim Ekonomiesministère gelant ass; wann ech mech esou kann ausdrécken. Dat heescht, haut ass den Ekonomiesministère mat dësem Dossier befaasst, oder zumindest huet hien den Dossier eriwwergereecht kritt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut, wou de renge Benefiss an der Wirtschaft enger anerer Prioritéit Plaz gemaach huet, nämlech déi Prioritéit, wéi mir ons Wirtschaft iwwerhaapt - e bësse salopp ausgedréckt - um Rullen halen, a virun allem wéi mir d'Leit um Aarbechtsmaart behalen, wiere mir gutt bedéngt gewiescht, wa mir endlech och zu Lëtzebuerg eng eescht Diskussioun iwwert d'Plus-value vun enger reeller Économie sociale et solidaire gefouert hätten.

D'Wirtschaften, déi no dësem Prinzip fonctionnéieren, notamment an der Schwäiz oder an Italien, missten dach och eigentlech derwäert sinn zu Lëtzebuerg considéréiert ze ginn. Datt dës Form vu Wirtschaftspolitik, Beschäftegungspolitik oder och Sozialpolitik zu Lëtzebuerg net virugedriwwe gëtt, oder emol net analyséiert gëtt, ass schued.

Dëst Manöver, fir dësen Dossier vun engem Ministère an deen aneren eriwwerzeschupsen, weist engersäits, wéi vill Politiken dovunner betraff sinn, oder domadder concernéiert sinn, mä dëst Manöver weist och anerersäits, datt sech kee globaalt Bild gemaach gëtt oder gemaach ginn ass vun deem, wat eigentlech eng Regierungsprioritéit misst sinn oder misst gewiescht sinn, wou nëmme vernetzt kann dru geschafft ginn. Iwwerministeriell vernetzt schaffen ass awer bekanntlech net der Regierung hir Stäerkt. Dëst ass schued, an dësem Fall ass et bal dramatesch schued. Ech komme méi spéit nach eng Kéier op dëse faméisen, an zu Lëtzebuerg scho bal mytheschen drëtte Pilier zréck.

Ech denken, datt genau dës Schwieregkeet derzou gefouert huet, datt dëse Projet de loi 5144 praktesch sechs Joer gebraucht huet fir seng Identitéit ze fannen, sprich fir sech ze definéieren. Dëse Projet de loi fënnt seng Daseinsberechtegung, andeems hien elo eng Rei wichteg an noutwenneg Mesuren definéiert a reglementéiert. Domadder huet dëse Projet de loi haut dann och elo endlech säi Wee bis an d'Plénière fonnt. Dëse Projet de loi huet, wéi gesot, zumindest dach dee grousse Virdeel, datt e Regelen opstellt, Rechter a Flichte mat de Sanktiounen, wat d'Relatioune mat de Beschäftegungsinitiativen, au sens large du terme, ubelaangt.

Mir stëmmen an dësem Sënn awer der liicht zynescher Remarque vum Conseil d'État zou, dee gemengt huet, datt dëse Projet de loi dach einfach sollt den Numm droen „Projet de loi relatif à l'organisation et au financement d'initiatives privées en vue de l'intégration de demandeurs d'emploi difficiles à insérer sur le marché du travail". Dat effektiv mécht dëse Projet de loi, an dat ass och gutt esou, well do war Handlungsbedarf.

Den Numm „Lutte contre le chômage social", an et ass schonn doriwwer geschwat ginn, war als segregativ erkannt ginn. Den Numm „Contribuant au rétablissement du plein emploi", schéngt ons e bëssen héichtrabend, voire e bëssen onrealistesch, wëssend, datt mer ëmmer erëm vun engem Pourcentage plutôt stable vu Chômage incompressible schwätzen, dëse souguer am Commentaire des articles beschriwwen ass an effektiv och eng Problematik duerstellt an der Vermëttelung, notamment vum Arbeitsamt, mä net nëmmen, och an der Vermëttelung vun de Beschäftegungsinitiative selwer. Mä, wéi gesot, den Numm vun dësem Projet de loi ass haut net dee Punkt, dee mer beschwätze sollen.

De Rapporteur, deen iwwregens en exzellente schréftleche Rapport virgeluecht huet, schreift zu Recht, datt ee muss tëschent Chômage conjoncturel - dee Chômage, deen ons an Zukunft méi Kappzerbrieches wäert gi wéi bis elo - an dem Chômage structurel differenzéieren - deem Chômage, dee mer virun allem an dëser Form vu Beschäftegungspolitik erëmfannen. An effektiv beschäftegen all Variante vu Beschäftegungsinitiativen éischter Leit, déi vum strukturelle Chômage betraff sinn, an dat aus ville verschiddenen Ursaachen.

Dëst si meeschtens Chômeuren, zu engem Drëttel och Chômeuses de longue durée, Leit, déi parallell zu hirem Chômageproblem och nach aner schwéier Problemer hunn, Leit aus schwieregem sozialen a kulturelle Milieu, och jonk Leit, an ëmmer méi ouni iergendeng Ausbildung, vill Leit, déi, wann iwwerhaapt, oft nëmmen hir obligatoresch Scolaritéit ofgeschloss hunn, Leit, déi nach net laang am Land sinn, Leit, déi aus gesondheetleche Grënn hir Aarbecht verluer hunn an esou weider.

Dës Form vu Beschäftegungsinitiativen, wéi se hei beschriwwe sinn, an déi et jo scho ginn - et ass scho vu menge Virriedner hei laang doriwwer geschwat ginn -, suergt ouni Zweiwel fir eng mënschewierdeg Aarbechtsbeschäftegung fir deen eenzelne Betraffenen, mä leescht awer och eng net ze ënnerschätzend Aarbecht fir d'Gesellschaft. Net zulescht well si duerch dat, wat si ubidden, e groussen Deel zum Erhale vun der Cohésion sociale hei an dësem Land bäidroen.

De Projet de loi gesäit vir, datt och déi sougenannte privat Betriber, déi sech de Konditioune stellen, an doduerch och en Agrément via enger Konventioun mam Ministère du Travail et de l'Emploi kréien, och kënne mat considéréiert ginn. Dëst zielt notamment och fir d'Gemengen. Am Kloertext heescht dat, datt eigentlech all Employeur, deen d'Konditiounen erfëllt an dee wëllt eng Convention de coopération mam Ministère du Travail et de l'Emploi agoen, ka säin Deel derzou bäidroen, fir deem engen oder deem aneren Demandeur d'emploi de Schratt an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Mir denken, datt et wichteg ass dat ze ënnersträichen. Jiddweree kann, wann e wëllt, an eng gewësse Form vu sozialer Verantwortung kommen.

Schlussendlech gehéiert dës Approche usazweis zu engem Choix de société. Dee Choix de société, vun deem ech virdru geschwat hunn. Effektiv kënnen a solle Betriber, all Form vu Betriber, sech an Zukunft méi oder méi oft mat ëm dat këmmeren, wat an der Gesellschaft passéiert, ugefaange bei de Léierjongen a Léiermeedercher, eriwwer bei d'Femmes rentrantes, esou laang et der dann och nach ginn, Matmënsche mat Behënnerung oder mat Besoins spécifiques, an och déi Mënschen, déi versichen erëm op den Aarbechtsmaart ze kommen.

Dann ass et och duerchaus berechtegt, an et ass och schonn hei gesot ginn, datt dës Betriber, ënner enger gewësser Form, vum Pouvoir public ënnerstëtzt ginn. Esou eng Virgoensweis gesinn Déi Gréng als duerchaus sënnvoll un, an net als Concurrence déloyale. Wéi gesot, et ass net de renge Kapitalismus an de renge Benefiss wat d'Wirtschaft um Liewe wäert halen. Grad esou wichteg ass, datt eng Gesellschaft am Alldag ka fonctionnéieren, datt hir Membere kënne schaffe goen, hir Pai kréien a mat deene Suen hiert Liewe gestalte kënnen. Ouni dës Viraussetzunge fonctionnéiert och keng Wirtschaft.

Mir hu vill an och laang an och gutt mateneen diskutéiert an debattéiert an der zoustänneger Kommissioun, a mir waren ons och all eens, datt mer net kéinten engem Projet zoustëmmen, deen de Mënsch als Demandeur d'emploi definitiv a Kategorien andeelt, mat där Konsequenz, datt d'Kategorie ausschlaggebend ass fir d'Méiglechkeet, déi ugebuede gëtt. Dat heescht, datt deemno, a wéi eng Kategorie ee fält, gegebenenfalls eng Exklusivitéit oder eng Ausgrenzung vu Méiglechkeete méiglech gewiescht wier.

Dee Wee, dee mer elo ageschloen hunn, nämlech dee Wee vun engem „population mix", wéi dat elo anglophonesch heescht, ass e realisteschen an ëmsetzbaren och fir d'Betriber, sprich fir d'Beschäftegungsinitiativen. D'Dynamik, déi an enger gemëschter schaffender Populatioun entsteet, ass sécherlech eng méi gesond, esou laang se gutt encadréiert gëtt. De System vum „population mix" erlaabt et eng kloer Segregatioun ze ëmgoen.

Et ass scho schwéier genuch de Stempel vum Demandeur d'emploi ze hunn. Leider ass et esou, datt den Demandeur d'emploi nach ëmmer mat enger negativer Connotatioun muss liewen. Eng Aart Scholdgefill, bedéngt duerch de Bléck, deen d'Gesellschaft nach ëmmer op den Demandeur d'emploi werft. Et wäert wahrscheinlech och haut nach schwéierfalen, dëse Bléck vun der Gesellschaft fortzekréien, obwuel mer haut wëssen, datt d'Schold, sprich d'Ursaach vun der Aarbechtslosegkeet vun enger Persoun ganz aner Originë kann hu wéi beim Concernéierte selwer. De Concernéierten, deen oft nëmme säin neie Status zur Kenntnis huele kann.

An dësem Kontext fanne mer och déi Leit erëm, déi an engem Kontrakt CIE, respektiv CAE, an enger Mesure sinn; déi Mesuren, déi mer iwwert d'Gesetz 5611 agefouert hunn. Am Kader vum Gesetz 5611 „pour le maintien dans l'emploi" war de Service „SAPDE" vum Arbeitsamt geschafe ginn. Dëse Service sollt déi Leit, déi mer méi spezifesch an dësem Projet de loi hei erëmfannen, méi individuell begleeden a suivéieren. Et si Posten an dësem Service duerfir geschafe ginn, awer an de Considérations générales vum Rapport sinn dëse Service a seng Missiounen och beschriwwen. Or existéiert dee Service en tant que tel net méi um Arbeitsamt. Do ass schonn en Deel Ëmstrukturéierung geschitt.

Mir kéinten ons do gewësse Froe stellen iwwert d'Garantië vun enger optimaler Zesummenaarbecht tëschent den entre Guillemeten „Employeurs", dat heescht all deene Leit, déi esou eng Konventioun matmaachen, an dem Arbeitsamt. Si mer sécher, datt d'Arbeitsamt déi noutwendeg Ënnerstëtzung un den Demandeur d'emploi respektiv déi noutwendeg Kommunikatioun mat deem Employeur ka garantéieren?

Här President, vu datt ech Froen un de Minister stellen, erlaabt mer just eng Minutt ze waarde bis de Rapporteur vun dësem Projet fäerdeg ass mam Minister ze schwätzen, da kann ech meng Froen un de Minister stellen.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Madame Loschetter, fuert Dir virun! De Minister ass ganz hellhéiereg.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Ech stellen einfach e puer Froen.

(Interruptions)

Si mer sécher, Här Minister, datt d'Zesummenaarbecht tëschent dem Arbeitsamt an de Responsabelen an de Betriber, déi sech ëm déi heite Leit këmmeren, qualitativ garantéiert ass? Si mer och sécher, datt den administrativen Opwand - mir hu schonn doriwwer geschwat - net déi potenziell Beschäftegungsinitiativen oder net déi potenziell Betriber wäert ofschrecken, esou eng Konventioun anzegoen? A wat kënne mer deenen als Garantie ginn, datt deen administrativen Opwand awer an de Méiglechkeete vum Betrib bleift respektiv ënnerstëtzt gëtt vun notamment Leit vum Arbeitsamt?

Déi Responsabel an de Betriber musse sech un der Evaluatioun och bedeelegen. Si mer do sécher, datt si gutt doriwwer informéiert ginn, informéiert sinn, voire forméiert sinn, forméiert ginn? A si mir sécher, datt déi erstallten Informatiounen och richteg weidergeleet ginn an och richteg benotzt ginn zum Wuel vum concernéierten Demandeur d'emploi?

Dëst sinn alles Erausfuerderungen, déi onsem Wëssen no jo och vun der ADEM musse geleescht ginn, oder? Sinn dës prezis Missiounen elo an deem Deel Ëmstrukturéierung kloer definéiert an opgedeelt um Arbeitsamt? Kann d'Arbeitsamt

sech dëser Missioun direkt stellen, wa mir dee Projet haut stëmmen?

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wéi gesäit d'Zukunft vu verschidde méi schwéier vermëttelbaren Demandeurs d'emploi aus? Ass et gutt respektiv richteg, wann e schwéier vermëttelbaren Demandeur d'emploi definitiv seng Aarbechtszukunft an enger Beschäftegungsstruktur fënnt a wa seng Pai à long terme géif vum Fonds pour l'emploi finanzéiert ginn? Wéi gëtt dëst an der Praxis geregelt? A wéi kann et an engems och der Richtlinn vun dësem neie Gesetz gerecht bleiwen, nämlech dem Rétablissement du plein emploi?

Wat wieren d'Alternativen dozou? Bleift de schwéier vermëttelbaren Demandeur d'emploi definitiv am sougenannten zweeten Aarbechtsmaart? Misste mer net dem sougenannten zweeten Aarbechtsmaart aner oder nei Perspektive ginn?

Woubäi ech dann erëm zréck wëll kommen op d'Opbauen an d'Ausbaue vun enger reeller Économie sociale et solidaire zu Lëtzebuerg, engem reellen drëtte Pilier nieft dem Secteur public an dem Secteur privé. Erlaabt mer lech drun ze erënneren, datt et 2005 en Ufank vun enger breeder Diskussioun ronderëm d'Économie sociale et solidaire zu Lëtzebuerg gouf. Notamment duerch d'Kreatioun vun enger Plattform, déi praktesch all A.s.b.l.-Institutioun, Coopérative an esou weider rassembléiert huet. Dës Plattform existéiert leider net méi als sollech, wat mir extrem bedaueren. Onser Meenung no ass do eng Chance vläicht verpasst gi fir déi noutwendeg Ënnerstëtzung unzebidden, fir déi Diskussioun, déi och zum Deel kontradiktoresch a schwiereg tëschent alle Membere vun der Plattform gi wier, ze ënnerstëtzen.

Op alle Fall, den Débat war lancéiert an déi zoustänneg Ministèren a Ministeren hu sech och dunn zu Wuert gemellt. Eng interessant an och opschlossräich Etüd ass 2005 vum Statec entaméiert ginn; virdru war och schonn eng 1993, mä ech denken, déi ass awer e bëssen al fir dat, wat mir haut brauchen. D'Direktioun vum Statec hat sech 2005 bereet erkläert, fir méi pousséiert Analysen ze maachen an den Impakt vum Potenzial vun der Économie sociale et solidaire zu Lëtzebuerg ze ënnersichen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Net nëmme méi de strukturelle Chômage wäert ons hei zu Lëtzebuerg beschäftegen, mä och de konjunkturelle Chômage wäert an Zukunft ëmmer méi ons besuergen, Här President, dat brauch ech kengem, an dem Minister heibanne scho guer net ze soen. Mä mir wäerten och net ëmmer an net ëmmer nëmme mat Kuerzaarbecht drop äntwerte kënnen. Net nëmme méi de Kapitalinvest, mä ëmmer méi de mënschlechen Invest wäert e wichtegen Deel vun der Économie de marché ginn. Et gëllt Vernetzunge schafen tëschent dem Kapitalinvest an dem mënschlechen Invest, déi funktionéieren. Dësen Erausfuerderunge kann nëmmen e Regierungsprojet begéinen, e Projet vun enger ganzer Regierung. D'Économie sociale et solidaire muss als Standbeen vun der Wirtschaftspolitik a vun der Beschäftegungspolitik entwéckelt ginn.

Au risque de me répéter, wëll ech a menger Konklusioun ënnersträichen, datt et definitiv gëllt effizient an effikass Vernetzungen ze schafen tëschent den eenzelne Mesuren, där Hällewull vu Mesuren, déi mer hunn. Mä et gëllt och politesch Vernetzunge schafen tëschent den zoustännege Ministèren Économie, Éducation, Famille, Travail a wuel och Sécurité sociale. Et gëllt och Vernetzunge schafen an Zesummenaarbecht garantéiere mat alle Forme vu Beschäftegungsinitiative mat de Betriber, awer och mat de Betriber an der fräier Maartwirtschaft. Ouni si an hir Kollaboratioun wäerten déi wéinegst Beschäftegungsmesurë gräifen.

An dann eng lescht Recommandatioun an aller Bescheidenheet: Wien a wat seet ons, datt all dës Mesurë gräifen? Ugefaange bei de Mesuren aus dem PAN-Gesetz 1999, déi heiansdo adaptéiert gi sinn, d'Gesetz 5611 aus dem Joer 2006, déi eenzel Ëmstrukturéierungen, notamment um Arbeitsamt, an esou weider. Wuel hu mer Etüde vun der OCDE oder vum BIT, déi ons zum Deel kloer Recommandatioune ginn. Ons Iwwerleeung geet awer éischter an d'Richtung: Ass e Plang opgestallt ginn, wou all Mesurë mat den Zilsetzungen a virun allem mat den noutwendegen Indicateuren, fir erauszefannen, wat gräift, wat net, wéi vill, firwat, wou muss een den Hiewel anescht usetzen, opgelëscht sinn? Mat Statistike geet et jo net méi duer. Ech denken, dat contestéiert kee méi heibannen.

Zum Schluss wënschen ech all deene Leit, deenen engen, déi vun de Beschäftegungsinitiative Gebrauch maachen, awer och deenen, déi dës Mesuren offréiere mat ganz vill Engagement, eng glécklech Hand an eng Bonne chance. Well een e bësse Chance brauch an dësem Dossier, denken ech, e bëssen ouni Chance an dësem Dossier wäert et mat Sécherheet net goen. Jiddweree brauch also e bësse Chance op senger Sich no enger Aarbecht.

Mir wäerten op alle Fall dëse Projet matstëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Fir d'ADR schwätzt elo den honorabelen Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Ali Kaes fir souwuel säi mëndleche wéi schréftleche Rapport zu dësem Projet.

Erlaabt mer vläicht eng prinzipiell Bemierkung. Mir hu vill Kolleegen heibannen, och de Kolleeg Ali Kaes ass Buergermeeschter. Wann an enger Gemeng e Projet um Ordre du jour steet, deen eng Organisatioun oder e Betrib befaasst, wou een och nach President dervunner ass, dann dierf een am Prinzip an där Gemengerotssitzung d'Wuert net ergräifen an et dierft een emol net am Sitzungssall sinn.

D'Chamber fonctionnéiert awer laut enger anerer Deontologie. Wann hei e Kolleeg d'Wuert ergräift oder Rapporteur ass, dann ass dat konform zum Gesetz an et ass trotz allem awer ëmmer legal.

Här President, dee Projet, dee mer haut hei diskutéieren, befaasst sech haaptsächlech mat der Problematik vum Chômage. Déi Problematik hei zu Lëtzebuerg, wou mer eis ëmmer konnten am internationale Vergläich am Fong dermat rühmen, datt mer konnte soen, de Chômage ass hei zu Lëtzebuerg wäit ënnert der Moyenne, en ass niddreg. Mir hu souguer deelweis nach virun e puer Joer vu Vollbeschäftegung geschwat, wéi de Chômage bei engem bis zwee Prozent louch.

Mir wëssen awer, datt mer keng Insel sinn an datt de Chômage an deene leschte Méint hei zu Lëtzebuerg geklommen ass. A mir wëssen opgrond vun der wirtschaftlecher aktueller Situatioun, déi mer hei am Land hunn, datt de Chômage wäert an deenen nächste Méint a Joren nach uklammen. Ech fäerten, an déi meescht vun eis heibanne wäerten do astëmmen, datt mer och hei zu Lëtzebuerg wäerten eng Kéier, an an net allze laanger Zäit, vu vläicht 15.000 oder 20.000 Chômeure schwätzen.

Lëtzebuerg huet eng spezifesch Situatioun, well mir e Land sinn, wat kleng ass, wat eng grouss Grenzregioun huet, wou de Chômage och héich ass an domadder automatesch den Drock op eisen Aarbechtsmaart vun der Grenzregioun grouss ass. Virun allem déi onqualifizéiert Leit kréien duerfir a priori, net wéinst de Frontalieren, mä opgrond vun hirer Onqualifikatioun Problemer, fir um éischten Aarbechtsmaart kënnen eng fest Aarbecht ze fannen.

An der Geschicht, wa mer 30 bis 40 Joer zréckkucken, war eis Ekonomie aneschters opgebaut. Mir haten dunn nach vill Industrien. Ech erënneren zum Beispill drun, wéi deemools an der Stolindustrie nach op der ARBED 30.000 Leit beschäftegt si ginn, hate mer och vill Leit, déi eng Qualifikatioun haten, awer och Leit, déi keng Qualifikatioun haten, déi mer an den Industrien deemools ënnerkruten.

Haut ass et esou, datt och an deenen Industrië praktesch onqualifizéiert Leit keng Chancë méi hu fir eranzekommen, mä mir hunn déi Leit awer nach alleguer, an déi sinn nach ëmmer um Aarbechtsmaart do. Wa mer dann och nach gesinn, datt bei de Leit, déi um Aarbechtsmaart ageschriwwe sinn, iwwert d'Halschent praktesch iwwerhaapt kee Schoulofschloss huet oder just déi obligatoresch Schoul hanneru sech bréngt, da wësse mer ganz genau, wou de Problem ass. Onqualifizéiert Leit hunn haut a wäerten an Zukunft ëmmer méi Problemer kréien, fir iwwerhaapt nach eng Chance op eisem Aarbechtsmaart ze kréien.

Mir hu gëschter an haut heibanne vill iwwert d'Schoul geschwat, an ech mengen, da muss een och soen, wa mer hei zu Lëtzebuerg esou vill Leit hunn, déi keng Qualifikatioun hunn, déi just déi obligatoresch Schouljoren hanneru sech hunn, dann ass dat och e Resultat vun eisem Schoulsystem, wat mir iwwer Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg haten an och nach hunn. Mir perséinlech fäerten - an de Kolleeg Mehlen huet dat gëschter an haut hei zum Ausdrock bruecht -, datt mer och mat där neier Reform, déi mer elo gestëmmt hunn, nach net déi fundamental Reforme wäerte realiséiert kréien, déi dréngend noutwendeg sinn.

En anere Phenomeen, dee mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dat ass, datt mer eng Rei vu Wirtschaftssecteuren hunn, wou mer praktesch och keng Lëtzebuerger dra fannen, wou et nach vläicht an der Mentalitéit vun de Leit ass, datt déi Aarbechtsplazen, ech weess net, vläicht ze schéin, ze gutt oder ze schlecht sinn, fir datt de Lëtzebuerger dra schafft. Ech denken do un d'Handwierk, ech denken un de Bau, d'Restauratioun oder d'Hotelbranche.

Wann Der en Entrepreneur hutt, deen aus Däitschland hei an d'Land schaffe kënnt, dann huet dee praktesch gréisstendeels, wann een emol esou op de Chantier geet an et lauschtert een, Leit aus Däitschland bei sech beschäftegt. Datselwecht fannt Der och bei deenen, déi aus Frankräich oder aus der Belsch kommen. Mä bei eise Lëtzebuerger Entreprisë fanne mer dat ganz wéineg.

Dat heescht also och, mengen ech, datt mer hei zu Lëtzebuerg e Mentalitéitswiessel misste kréien, souwuel op der Salariatssäit wéi op der Patronatssäit, datt all Aarbecht, déi do ass, eng wichteg Aarbecht ass, eng wäertvoll Aarbecht ass an och duerfir vu jiddwerengem ka benotzt ginn. Duerfir mengen ech musse mer och dohinner méi drécken, fir dat erëm an d'Diskussioun ze bréngen, datt och an deene Secteuren do eiser Leit erëm mussen Aarbechten unhuelen a schaffe goen. Et gëtt keng Aarbecht, déi onwierdeg ass, fir musse gemaach ze ginn.

Als éischt Zil an all eisen Iwwerleeunge muss ëmmer bleiwen, datt mer d'Leit an den éischten Aarbechtsmaart integréiert kréien. Mir wëssen awer, an dat ass de Mëtteg hei vu menge Virriedner schonn des Öftere gesot ginn, datt, egal wat fir eng Moossname mer ergräifen, ëmmer eng Rei vu Leit - ech well net soen, eng Kategorie vu Leit, mä eng Rei vu Leit - bleiwen, déi einfach a keen Aarbechtsprozess ze integréiere sinn, op jidde Fall net direkt.

Duerfir musse mer dann och Méiglechkeete fir déi Leit ubidden, fir deenen eng Beschäftegung ze ginn, well soss d'Gefor vun der sozialer Ausgrenzung bleift. Dat ass dat Schlëmmst, wat een engem Mënsch kann undoen. Wann e guer keng Beschäftegung huet, dann ass déi sozial Ausgrenzung do, mat alle Konsequenze fir seng Famill, fir d'gesellschaftlecht Liewen, well mer déi Leit un de Rand vun der Gesellschaft drängen. Da musse mer eis och iwwert déi Konsequenzen, déi dorauser entstinn, bewosst sinn.

Eng vun dëse Méiglechkeete sinn déi an de vergaangene Jore gegrënnte Beschäftegungsinitiativen, wou d'Leit da konnte beschäftegt ginn, encadréiert ginn, forméiert ginn, mat dem Zil, fir se erëm an den éischten Aarbechtsmaart ze integréieren. De Kolleeg Romain Schneider huet dat am Detail hei ganz gutt erkläert. Dës Beschäftegungsinitiative sinn a priori vun de Gewerkschaften, vum OGB-L a vum LCGB gegrënnt ginn, an d'Liewe gesat ginn: Objectif plein emploi, ProActif, Forum pour l'emploi. De Prinzip dovunner ass richteg an ass och gutt.

Och wann dës Initiativen Ulafschwieregkeeten haten, an ech wëll net dorobber eragoen, et ass ëmmer Rieds gaangen, eng Diskussioun gi vun enger deloyaler Konkurrenz. Mir hunn elo kierzlech en Uerteel kritt am Kader vun de Soumissiounen, wou d'A.s.b.l.en am Fong net däerfte bei Soumissioune participéieren. Ech mengen, d'Ursaach war, well se staatlech subventionéiert ginn. Et ass iwwert d'Transparenz an der Finanzéierung diskutéiert ginn. Ech selwer hunn an där Fro eng Rei vu Questions parlementaires gestallt, ginn haut awer net méi dorobber an.

De Projet de loi, Här President, huet eng Rei vu wesentlechen Ännerunge bruecht. Si si scho vu menge Virriedner och de Mëtteg hei zum Deel oder praktesch alleguer ernimmt ginn. Wichteg ass een éischte Punkt, d'Gläichstellung tëschent deene sougenannte Beschäftegungsinitiativen an de Betriber. Et soll einfach der deloyaler Konkurrenz entgéintgewierkt ginn. Bei de Betriber kënnen dat och Gemenge sinn, dat ass och schonn de Mëtteg gesot ginn, esou wäit wéi déi Betriber oder d'Gemengen en Agrément beim Aarbechtsminister hunn. Da kënne se och vun all deene Konditiounen an deene Subventiounen, déi an dësem Gesetz virgesi sinn, profitéieren.

Hei stellt sech allerdéngs eng éischt Fro. Ech hunn elo grad gesot, datt mer en Uerteel kritt hunn, datt d'A.s.b.l.en net méi däerften a Soumissions publiques matmaachen, well se eben och iwwert de Stat eng Subventioun kréien. Ass dat dann och elo fir Betriber, wann déi mat dem Aarbechtsministère en Agrément hunn an do jo dann och eng Ënnerstëtzung kréien? Falen déi dodrënner? Den Här Minister, Här President, wëllt direkt dorop äntwerten.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Dat ass eng technesch Fro, esou dass ech déi léiwer elo einfach ganz séier beäntwerten, an herno maachen ech just e puer politesch Aussoen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, jo.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Also, dat Uerteel muss ee liesen. Dat Uerteel seet net, dass déi A.s.b.l.en net kënnen de Marché public matmaachen, well se Konventioune mam Aarbechtsministère hunn. Si hunn einfach d'Form vun der A.s.b.l.; déi autoriséiert net, de Marché public matzemaachen. Dat ass déi eenzeg Fro, déi an deenen Uerteelen do gekläert ginn ass. Ech wollt dat soen, well dat Uerteel wäert nach vill kommentéiert ginn, fir dass awer kloer ass, wat dann am Uerteel steet a wat net drasteet.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dann ass dat kloer. Dat heescht also och, datt déi Fro, déi ech hei opgeworf hat, domadder beäntwert ass, datt also d'Betriber net doduerch e Problem kënne kréien.

Dat Zweet ass, datt mer e legale Kader schafen, wat d'Finanzéierung ubelaangt. Mir fannen dat positiv. Da kréie mer Transparenz an déi Dossieren eran.

Eng drëtt Feststellung ass, datt mer heiduerch elo Festastellunge bei de Leit kréien. Bis elo war et bei de Beschäftegungsinitiativen am Prinzip esou, datt no zwee Joer déi Leit hätten am Fong missen an dem éischten Aarbechtsmaart integréiert sinn oder si sinn erëm erausgefall. Ech wëll och net dorop agoen, wat déi Leit do hu misse maache vläicht, fir vun där enger op déi aner Plaz ze goen, fir nach weider Recherchen ze maachen. Elo gi mer hin a mir ginn eng definitiv Astellung. Dat ass a priori eng gutt Saach.

Mä wa mer dat awer méi an eis zergoe loossen, da gesi mer awer, datt do eng Rei vu Problemer opkommen. Éischtens mengen ech muss een emol soen, datt dat vläicht en Ageständnis ass vum Échec, dee mer an der éischter Phas haten, wou mer deemools nach dervun ausgaang sinn, datt mer de Gros vun de Leit no zwee Joer agestallt kriten, elo awer feststellen, datt mer déi Leit net agestallt kritt hunn, an duerfir soen: Ma da gi mer elo op en definitiven Aarbechtsvertrag iwwer.

Esou wäit kann een dat verstoen. Et muss een awer da wëssen, datt domadder och den Échec vum éischte System dokumentéiert ass. Et ass mir och net bekannt, datt kloer Statistiken do sinn, wéi vill Leit datt dann elo konkret an den éischten Aarbechtsmaart - ech betounen dat: an den éischten Aarbechtsmaart - konnten integréiert ginn, an ob och vläicht déi Statistik opgedeelt ass, wat fir eng op hir eegen Initiativ respektiv op d'Initiativ vun den A.s.b.l.en zréckzefëieren ass. Dat geet menger Meenung no net kloer do ervir.

Mä dat ass och net de Problem. De Problem, dee mer hunn, ass, datt sech d'Fro awer stellt: Wa mer elo Leit definitiv astellen, wat maache mer mat deene Leit, wa se dann eng Aarbechtsplaz um éischten Aarbechtsmaart ugebuede kréien? Déi Leit hu jo dann en definitiven Aarbechtsvertrag a si falen ënnert d'Aarbechtsrecht. Déi Leit kënne kënnegen oder mussen op där anerer Säit, wa se net kënnegen, gekënnegt kréien. A wat ass dann d'Motiv fir esou eng Kënnegung? Do schéngt eis e Problem ze leien.

Den zweete Punkt, dee mer hunn, dat ass deen: Hunn déi Leit iwwerhaapt nach, wa se eng fest Ustellung bei enger A.s.b.l. hunn, en Intérêt, fir um éischten Aarbechtsmaart ze sichen? Mir fäerten, datt alleguerten déi Leit sech herno betruechte quasi wéi e beschäftegte Statsaarbechter, well jo dach awer déi ganz Finanzéierung iwwert de Stat ofgeséchert gëtt a si hunn eng definitiv Astellung. Den Här Minister wëllt och dorobber direkt eng Äntwert ginn.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Et ass ganz einfach den Ureiz; d'Madame Loschetter hat et virdru gesot. Déi Leit, déi definitiv agestallt sinn, déi ginn op d'mannst vum Stat rembourséiert, nëmmen zur Héicht vum Mindestloun.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat heescht, Dir kënnt elo net soen, dat si Statsaarbechter. Déi hu kee Kollektivvertrag an näischt. Wann déi eng aner Schaff ugebuede kréien, wou se kënne méi verdéngen, ass schonn den Ureiz do, dass se dohinner ginn. Dat ass de Prinzip, wéi et soll fonctionnéieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir wësse jo awer och alleguer, datt déi wéinegst vun deene Leit, déi esou schwéier ze placéiere sinn, wäerten eng Plaz am Privatsecteur kréien, wou se nach solle méi verdénge wéi de Mindestloun.

(Interruptions)

Mä meng Fro ass awer nach ëmmer berechtegt: Wann déi Leit dann elo eng Schaff am Privatsecteur ugebuede kréien, de Mindestloun kréien oder och nach eppes Klenges iwwert de Mindestloun an déi soen, ma ech bleiwen awer léiwer hei an där A.s.b.l. an ech ginn net dohinner, wat maache mer dann? Da si mer am Aarbechtsrecht an da musse mer deene Leit kënnegen.

A wat huele mer dann als Motiv, fir hinnen ze kënnegen? Well et kann ee jo net als Motiv wahrscheinlech uginn, datt ee seet, ma déi Leit hu jo dobaussen eng aner Plaz, déi se kënne kréien, an duerfir kënnege mir hinnen. Ech ka mer net virstellen, datt dat am Aarbechtsrecht géif akzeptéiert ginn.

Duerfir, soen ech, wäerte mer hei eng ganz Partie Leit hunn, déi soen, ech bleiwen elo hei an deenen Initiativen an ech bleiwe mä Liewe laang an deenen Initiativen, well se da soen, dann hunn ech eng Plaz, déi garantéiert ass, mäi Gehalt ass garantéiert. An da sinn et, ob mer wëllen oder net, quasi Statsaarbechter, well se iwwert de Stat an der Héicht vum Mindestloun finanzéiert ginn, iwwert d'A.s.b.l.

Dat kënnt Der kucke wéi Der wëllt, mä mir wäerte gesinn, wa mer an e puer Joer d'Bilanz zéien, wäert dat heiten eng vun deene gréissten Entreprisen am Land ginn. Mir wollten dat just hei mat an d'Diskussioun erabréngen an dorobber opmierksam maachen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech hu léiwer, dat si grouss Entreprisen…

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Gelift? Wat sot Der? Ech hunn net matkritt…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Entschëllegt! Ech hu léiwer, d'Beschäftegungsinitiative si grouss Employeuren, wou d'Leit richteg schaffen, wéi de Fonds pour l'emploi, wou d'Leit just Sue kréien am Chômage, ass dee gréissten Employeur. Well zurzäit ass de Fonds pour l'emploi de gréissten Employeur am Land an dat ass net gutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An nach léiwer misst Der hunn, Här Aarbechtsminister, datt d'Leit um éischten Aarbechtsmaart beschäftegt wieren, wéi an enger Beschäftegungsinitiativ oder um Fonds pour l'emploi.

(Brouhaha)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo, natierlech, Här Gibéryen! Mä wann ech de Choix net hunn?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Maja, et ass jo dat, wat ech soen!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dir loosst se léiwer am Chômage.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen, mir loosse se net léiwer am Chômage. Mir hätte gären, datt den Ureiz fir an den éischten Aarbechtsmaart bestoe bleift. An hei gëtt et keen Ureiz méi fir an den éischten Aarbechtsmaart ze kommen. Déi Leit hei soen, ma elo hunn ech eng garantéiert Plaz, ech hunn eng garantéiert Pai. Firwat soll ech elo kucken, fir um éischten Aarbechtsmaart nach eng Plaz ze fannen?

Dat ass de wesentleche Problem, dee mir an dësem Projet gesinn. Duerfir soen ech, mir kënnen an engem Joer oder an zwee Joer eng Kéier Analyse maachen, oder Dir wäert se selwer maachen. Da wäert Der feststellen, datt mer ëmmer méi Leit kréien, déi definitiv an där heiter Situatioun elo wäerten hänke bleiwen, an da gëtt dat ee vun deene gréisste Betriber, déi mer hei wäerten am Land hunn, wou dann eben déi Leit soen, ma elo hunn ech eng garantéiert Aarbechtsplaz, ech brauch net méi um éischten Aarbechtsmaart ze sichen, fir do wahrscheinlech och nach net méi ze verdénge wéi hei.

Dat ass eng Realitéit, an et ass och wéinst deem Punkt, wou mir eis bei dësem Gesetz wäerten enthalen.

En zweete Punkt, Här President, deen haut de Mëtteg hei ugeschnidde ginn ass, deen huet wuel näischt direkt mam Projet ze dinn, mä de Projet ass awer eng Konsequenz vun deem; dat ass de Fonctionnement vun der ADEM. A wann ech elo zréckkucken, wéi dacks datt mir heibanne schonn iwwert d'ADEM geschwat hunn, da brauch een net méi haut hinzegoen an nach eng Kéier opzezielen, wat d'Positioun vun den eenzelne Parteien ass, wat do misst reforméiert ginn.

Dat Eenzegt, wat een haut ka feststellen, ass, datt quasi jiddwereen heibannen elo eng Reform vun der ADEM verlaangt. A wann een da weess, datt mer awer elo un d'Enn komme vun där Regierung hei an datt mer dee Projet nach net hei kënnen an enger Chambersdebatt stëmmen, da muss een awer zumindest kënnen hei dem Aarbechtsminister de Virworf maachen, datt hie seng Aarbecht do net gemaach huet. D'ganzt Land schwätzt elo scho jorelaang iwwert déi Reform. Elo geet déi Regierungsperiod hei zu Enn a mir hunn dee Problem net geléist! Et ass e Problem, dee laang bekannt ass.

A wann et schonn esou wäit geet, Här President, datt ee vun de Kolleegen aus de Majoritéitsparteien de Mëtteg quasi um Radio d'Demissioun vun der Direktesch vum Arbeitsamt verlaangt huet, da geet dat jo awer ganz wäit, an da géif ech mengen, datt awer spéitstens elo den Här Aarbechtsminister gefuerdert ass. Hien ass awer elo gefuerdert, fir dorauser déi Konklusiounen a Konsequenzen ze zéien, déi verlaangt ginn. Well wann den Här Aarbechtsminister dat doten esou weiderlafe léisst, komme keng Konsequenzen, komme keng Reaktiounen, dann zielt dat aalt Spréchwuert „mitgegangen, mitgefangen, mitgehangen".

(Hilarité)

An dat zielt dann an dësem Fall net nëmme fir d'Direktesch vum Arbeitsamt, mä dann och nach fir den Aarbechtsminister selwer.

Dat wëllt natierlech keen, an duerfir wiere mer frou, wa géife ganz séier hei Neel mat Käpp gemaach ginn, well wa mer d'Aarbechtsamt richteg un d'Fonctionnéiere kréien, da ginn déi heite Strukture manner gebraucht. An deem Sënn ass schonn d'Reform…

(Interruption)

Dach, dach! Wann d'Arbeitsamt richteg fonctionnéiert, da kréie se och déi dote Leit placéiert. Mä mir wëssen alleguerten…

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, dat sot Dir! Am Ausland kréie se där och placéiert. Do gëtt et aner Systemer am Arbeitsamt wéi dat hei zu Lëtzebuerg ass. Et kann een net einfach higoen, Här Aarbechtsminister, a soen, dat geet net esou an duerfir… Dat ass net esou! Gitt emol an d'Ausland, oder Dir waart jo bestëmmt och an d'Ausland kucken, do gëtt et aner Mechanismen,…

(Brouhaha général)

…wéi d'Leit placéiert ginn, a wa mer eis heibannen eens sinn, a mer sinn eis jo quasi eens, datt d'ADEM net richteg fonctionnéiert, da kommt elo net heihinner a sot, wann d'ADEM besser géif fonctionnéieren, géifen net méi Leit placéiert ginn.

M. le Président.- Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Hei ass d'Politik gefuerdert an hei ass un alleréischter Stell den Aarbechtsminister gefuerdert, an deen huet an dëser Fro bis haut versot. Dat gesot, Här President, wëll ech soen, datt mir eis zu dësem Projet wäerten enthalen.

Une voix.- Dat ass eng richteg sozial Astellung!

Une autre voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. le Président.- Här Gibéryen, Är Interventioun ass eriwwer. Den Här Jaerling huet elo d'Wuert.

Une voix.- Gott sei Dank ass net jiddwereen esou arrogant mat deene Leit, déi keng Schaff hunn, wéi Dir!

Plusieurs voix.- Ouuuhhh!

Une voix.- Géift Der kucken, datt d'Leit eng Schaff kriten…

(Brouhaha général)

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här President, soll ech nach e bësse waarden?

(Brouhaha général)

M. le Président.- Jo. Här Jaerling, sot Äre fréiere Kolleegen, wann Dir si géift stéieren, da géift Der waarden, bis dass si hei fäerdeg sinn.

(Hilarité)

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här Gibéryen, haalt se emol fënnef Minutten zou!

(Hilarité générale)

M. le Président.- Här Jaerling, kommt, mir si korrekt!

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Esou hunn ech et ëmmer gemaach.

M. le Président.- Ech hätt gär, dass mer hei korrekt géife mateneen ëmgoen, an duerfir ass et elo esou, dass den Här Jaerling d'Wuert huet.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Also mir si jo Kolleegen, mir kënnen eis dat soen, wat mer fir richteg halen.

Une voix.- Wow!

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Här President, mir kommen eis awer ëmmer méi no. Alles vergësst sech lues a lues.

Här President, ech wëll och dem Här Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, deen am Fong alles erëmginn huet, wat de Projet hei mat sech bréngt, an och all déi Aarbechten, déi an der Kommissioun jo net einfach waren. Ech mengen, dat wësse mer alleguer. Et ass keen einfache Sujet. Well hei e Problem ass, wou ech awer nach ëmmer meng Bedenke behalen, dat ass, dass mer soen, mir wëllen d'Concurrence déloyale e bëssen ofschafen, a meng Bedenke ginn an déi Richtung, dass déi Concurrence déloyale an déi aner Richtung geet. Dat heescht, dass am Fong e bësse Concurrence déloyale fir de soziale Beräich hei geschafe gëtt.

Wat elo den Här Rapporteur selwer ubelaangt, esou war ech e bëssen erstaunt, net vun Ufank un, mä elo hunn ech et net gutt fonnt, wann een, dee selwer President ass vun enger Beschäftegungsinitiativ, hei iwwer e Sujet schwätzt, deen en am Fong direkt betrëfft. Ech hunn dat net gutt fonnt. Et ass en anere President vun enger Beschäftegungsinitiativ heibannen, deen aus deontologesche Grënn net hei d'Wuert ergraff huet, dat éiert en - onbedéngt! -, mä wéi gesot, den Här Gibéryen huet gesot, et ass legal, an duerfir: Kommt, mir kucken dann einfach guttwëlleg doriwwer ewech.

Meng Bedenke bei dem Projet - ech hunn déi och schonn an der Kommissioun ervirbruecht -, dat ass, datt mer hei net en Instrument schafen am Kader vun enger Économie solidaire, déi de Patronen am Fong un éischter Stell bëlleg Aarbechtskräfte liwwert.

Dat heescht, bëlleg Aarbechtskräften, wou menger Usiicht no de sozialen Encadrement, esou wéi dat an deene richtege Beschäftegungsinitiativen ass, net garantéiert ass.

Zweetens si meng Bedenken an deem…

(Interruption)

Wëllt Der mer eppes soen, Här Kaes?

(Interruption)

Gelift?

M. le Président.- Här Jaerling, erlaabt Der eng Zwëschefro vum honorabelen Här Glesener?

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Mä, wann den Här Jaerling seet, déi richteg Beschäftegungsinitiativen…

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Ma déi falsch, déi kreéiere mer elo.

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Ah sou, Merci.

M. le Président.- Wéi war Är Fro, Här Glesener?

M. Marcel Glesener *(CSV).*- Ech hunn d'Äntwert kritt.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Neen, en huet mech jo gefrot, ob et och falsch Initiative gëtt. Ma déi falsch si mer elo amgaang ze kreéieren. Fir mech sinn dat keng Beschäftegungsinitiativen, wéi ech gesot hunn. Meng Bedenke ginn an déi Richtung, dass dat hei bëlleg Aarbechtskräfte gi fir d'Betriber.

Déi aner Fro, déi ech mer vun Ufank un ëmmer gestallt hunn, ass: Wann den Agrément kënnt vum Ministère an et gëtt esou eng Initiativ geschafen, wat ass de Lien zum initiale Betrib? Do ass keen do! Dat heescht, et ass am Fong eng Struktur vun engem Betrib à part. Eng Struktur vun engem Betrib à part, wou d'Leit kënne geholl ginn an dann och nach un aner Betriber verléint ginn, op Käschte vum Steierzueler.

Ech wëll awer Folgendes soen: Den Här Krieps huet no der Fiche financière hei gefrot. D'Fiche financière ass am Fong fir mech hei net dat Wichtegst an där Diskussioun, well mer souwisou déi Leit musse bezuelen. Dat ass kloer. Ech mengen, se ginn ëmmer vum Fonds pour l'emploi bezuelt.

Hei ass et just elo esou, dass een dem Patronat d'Geleeënheet gëtt, wa si esou eng Beschäftegungsinitiativ grënnen, fir ebe fir 15% vum Mindestloun dat do ze maachen. Dat muss ee soen, well 85% gi vum Stat iwwerholl, dat heescht, et gëtt fir 15% vum Mindestloun geschafft.

Dat ass de Fazit. Ech ka mer net virstellen a gesinn och net, datt dat hei soll elo e risegen Aarbechtsmaart fir sech ginn. Duerfir kann ech mer net virstellen, dass vill Betriber op dee Wee ginn, well eben am Gesetz d'Dispositioun dran ass vun der Mixitéit. Dat heescht, datt si mussen och eng Rei Leit huelen, déi néierens méi beschäftegt ginn. Dat ass am Fong deen eenzege Punkt, wou ech soen, duerfir gesinn ech d'Gefor net esou, dass da vill esou eng Initiativ grënnen. Ech ka mir dat net virstellen, well de sozialen Engagement vun de Patronen, dee gesi mir jo all Dag, an dee gesi mir an der lescht ëmmer méi, an duerfir maachen ech mir doriwwer och weider keng Gedanken.

Mä, wat awer fir mech ausschlaggebend ass: Wou ass d'Obligatioun fir de sozialen Encadrement, wéi dat bei deene richtege Beschäftegungsinitiativen ass?

Deen ass net garantéiert, an dat ass fir mech och e Problem. Dat Eenzegt wat hei garantéiert ass: Hei kënnen Initiative gegrënnt ginn, déi fir 15% vum Mindestloun kënne Leit beschäftegen. Dat ass dat eent.

Nach eng Sekonn, Här President.

Dat anert ass och dat mat der Hierarchie. Déi Leit gi mam Mindestloun beschäftegt, mä do sinn och Leit an déi Beschäftegungsinitiativen erakomm, déi zum Beispill eng Qualifikatioun hunn. Deenen hir Qualifikatioun gëtt net berücksichtegt, obwuel datt si schonn eng Qualifikatioun matbréngen.

An dann ass nach eng aner Saach, d'Motivatioun: Wann een de Mindestloun kritt, fir nach eng Motivatioun ze hu fir op den initialen Aarbechtsmaart ze kommen.

Ech géif mengen, wann ee méi verdéngt um initialen Aarbechtsmaart, ass dat ëmmer Motivatioun genuch. Mä wann een awer hei seet, et ass keng Motivatioun do, da muss een awer och dann d'Äntwert drop ginn: Schaaft een dann eng Motivatioun, wann ee wëllt manner gi wéi de Mindestloun, oder wat fir eng Motivatioun kann ee schafen?

Wann een eng Qualifikatioun kritt, fir dobausse méi ze verdéngen, dann ass eng Motivatioun do, mä am anere Fall besteet de Risque, dass Leit laang an där Beschäftegungsinitiativ bleiwen. Duerfir soen ech, de sozialen Encadrement ass net ginn, an d'Kontrollmoyenen, ob dann och elo déi Leit net just benotzt ginn als bëlleg Aarbechtskräften, sinn och net ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir

Dammen an Dir Hären, ech wëll elo emol fir d'éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, an deem iwwregens scho ganz vill Froe beäntwert waren, déi herno hei gestallt gi sinn. Duerfir wëll ech och net méi dorop zréckkommen.

Ech wëll dräi kuerz Iwwerleeunge maachen. Dat Éischt ass de Problem vum Chômage am sougenannten industriellen Zäitalter par rapport zum postindustriellen Zäitalter, dat mer eben zënter op d'mannst 25 Joer kennen. Am industriellen Zäitalter hate mer praktesch nëmme Chômage conjoncturel, da jo och Plein emploi, a kee Chômage structurel. Deen hate mer, well iwwert d'Halschecht vun de Leit iwwerhaapt keng Qualifikatioun gebraucht hunn.

Dat heescht, wat ass da geschitt?

Majo, do konnt eng Verwaltung zwou Saache maachen, nämlech de Chômage verwalten an deem Sënn, dass d'Leit Sue kritt hunn. Dat war nach d'Philosophie vun der Reform vun dem Aarbechtsamt 1976, fir ze soen, mir ginn hinne Suen, an duerno geet et erëm eng Kéier besser, da fanne se vum selwen erëm eng nei Plaz, a mat de Suen ass et iwwerbréckt. Dat huet deemools fonctionnéiert a fonctionnéiert haut net méi.

A wat deemools fonctionnéiert huet, nämlech, dass en Aarbechtsamt zweetens gekuckt huet, wou se Leit géife sichen, wou Plaze sinn, déi geschaf ginn, an déi eng bei déi aner gescheckt huet, dat geet einfach net méi an enger postindustrieller Gesellschaft, well d'Leit haut op allen Aarbechtsplaze Qualifikatioune brauchen, déi ëmmer verschidde sinn, well soss wär et jo duergaangen an där leschter Zäit, dass nei Aarbechtsplaze geschaf goufen. Mir hu méi Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, wéi mer Lëtzebuerger hunn. Dat wär an deem Fall duergaangen, fir dass d'Leit och all eng Schaff hätten. Mir hunn e Chômage structurel.

Elo kréie mer Chômage conjoncturel derbäi. An déi grouss Gefor ass, dass, wa mer net elo oppassen, mer herno no dem Chômage conjoncturel erëm méi Chômage structurel kréien. Dat ass déi grouss Fro.

An duerfir kann och d'Administration de l'Emploi net méi als Verwaltung fonctionnéieren. Si kann net de Chômage verwalten, si kann d'Aarbechtslosegeld verwalten, si kann all déi aner Sue verwalten, mä si muss Kär ginn - an dorobber kommen ech herno zréck - vun enger aktiver Beschäftegungspolitik.

Dat heescht, d'Administration de l'Emploi kann och net alles maachen, an duerfir bleiwen ech der Meenung, dass ee soll op de Wee vun engem Établissement public goen. Mir maachen dat elo net, well mer elo séier e Projet de loi maachen, duerch dee mer esou vill wéi méiglech Flexibilitéit mat erabréngen, mä ech mengen, dass een duerno muss weiderdenken. Mä elo maache mer dee klenge Projet de loi, mat deem iwwregens och déi Fro vun der Direktioun ugepaakt gëtt. De John Castegnaro huet de Mëtteg op enger anerer Plaz vun der Direction collégiale geschwat, dat ass eng Iddi, wéi ech och selwer gesot hunn, déi eis virschwieft.

Et muss ee just wëssen an deene Leit soen, déi elo verlaangen, dass de Minister géif Leit auswiesselen, dass mer e Statut de la Fonction publique hunn, dass et siwe Joer gedauert huet, bis an dëser Chamber e Gesetz gestëmmt gouf, wat seet fir d'Zukunft, dass ee kann e Verwaltungsdirekter no siwe Joer auswiesselen. Dat zielt eréischt fir d'Zukunft. Och dat wëll ech einfach hei gesot hunn.

Fir de Rescht ass et kloer, dass d'Aarbechtsamt - an ech kommen op seng Roll zréck - eng Roll ze spillen huet an dass mer natierlech - nieft deem, wat d'Aarbechtsamt elo selwer reforméiert huet - an enger Partie Artikelen d'Flexibilitéit erabréngen an deem neie Projet de loi, dee mer amgaange si mat der Fonction publique fäerdeg ze maachen, fir esou vill wéi méiglech de Fonction-publique-Statut ze respektéieren.

Zweet Iwwerleeung: d'Économie solidaire a Beschäftegungsinitiativen. Do gëtt et dräi Ënnerscheeder. Deen éischten ass deen: Bei der Économie solidaire ass den Träger extrem wichteg. Träger ass zum Beispill, wa mer vu Société commerciale schwätzen, eng Coopérative oder eng A.s.b.l. oder virun allem de Bénévolat, wat mer iwwregens erëmfannen an de Beschäftegungsinitiativen. Do gëtt et Saachen, déi sech iwwerschneiden.

Zweet Saach ass allerdéngs - an do ass schonn e groussen Ënnerscheed par rapport zu de Beschäftegungsinitiativen: D'Économie solidaire, déi ass tëschent dem private Secteur an dem Statssecteur, dat heescht d'Économie solidaire dierf och net finanziell just hir Sue vum Stat kréien. An dat ass e grousse Problem. Beschäftegungsinitiative fonctionnéiere ganz staark nëmme mat de Sue vum Stat.

An da kommen ech op den drëtte Punkt, well dat ass d'Ursaach dervunner: D'Économie solidaire ass do, fir iwwerhaapt och Déngschtleeschtungen a Produkter unzebidden. Dat ass d'Haaptaufgab vun der Économie solidaire. D'Beschäftegung vu Leit, déi wäit ewech si vum Aarbechtsmaart, ass en Nieweprodukt.

Bei de Beschäftegungsinitiativen ass et ëmgedréint. Do ass d'Beschäftegung vu Leit d'Haaptprodukt, an duerfir kréie se och esou vill Sue vum Stat, an d'Ubiddung vun interessanten, neie sozial an ökologesch interessante Produkten an Déngschtleeschtungen ass d'Nieweprodukt.

Duerfir sinn déi zwee matenee verknäppt, mä et muss ee se auserneenhalen, an dat erkläert dann natierlech och - an do kommen ech op eng drëtt Iwwerleeung hei -, woufir mer hei op de Wee ginn, dass mer net méi wéi virdru soen: „Dir kritt bis zu 75% vun engem Projet.", mä soen: „Mir bezuele Beschäftegungsinitiativen opgrond vun der Produktivitéit vun deene Leit, déi Dir astellt."

Selbstverständlech musse mer lech iwwert déi Konventioun dann och en Encadrement bezuelen, fir dass Der lech eben ëm déi Leit bekëmmert. Op déi Konventioun kommen ech nach zréck wéinst dem Här Jaerling. Déi huet den Här Jaerling net am Text gelies, well soss hätt en déi Fro net gestallt.

Meng drëtt Iwwerleeung ass déi, dass mer musse kucken, wat fir eng Bevölkerung mer hunn an der Administration de l'Emploi. D'Chiffere si virdru genannt gi vun deene berühmte Kategorien A, B, C, D an E. Nëmmen en Drëttel vun de Leit, déi beim Aarbechtsamt ageschriwwe sinn, si Leit, déi direkt ze vermëttele sinn.

Et ass duerfir, dass ech virdru gesot hunn: Et ass net d'Reform vum Aarbechtsamt, déi dat heiten erméiglecht. D'Reform vum Aarbechtsamt ass wichteg, fir dass méi effikass a méi séier geschafft gëtt, mä d'Beschäftegungsinitiative bleiwe bestoen, well et gëtt keng Aarbechtsplazen, déi geschaaft ginn duerch eng Reform vum Aarbechtsamt. D'Aarbechtsamt muss kënne méi effikass schaffen, mä Aarbechtsplaze musse mer och nach hunn, a fir eng Kategorie Leit hu mer einfach keng Aarbechtsplazen. Dat ass de grousse Punkt, deen hei spillt.

Mir hu mam 5611 eng éischt Etapp gemaach. Mir hunn eng Etapp gemaach fir déi Leit, déi iwwer eng relativ kuerz Formatioun kënnen op den éischten Aarbechtsmaart kommen. Dat ass de 5611. Dat huet bei der Jugend zimlech gegraff.

Mä mir hunn awer zwee Drëttel vun de Leit - net grad elo, wann ech déi doten ewechhuelen -, mä mir hunn dann awer nach iwwert d'Halschecht vun de Leit, deene mer net kënnen hëllefen iwwer eng Convention d'activation, deene mer net kënnen hëllefen iwwer CIEen, CAEen.

Mir hunn eleng 15% - elo huele mer emol eng Ziffer - vun de Leit, déi am Aarbechtsamt ageschriwwe sinn, déi portugisesch Matbierger sinn, déi praktesch all nëmmen d'Primärschoul a Portugal gemaach hunn, also héchstens Portugisesch schwätzen an oft emol net richteg schreiwe kënnen, an dovunner ass och nach bal d'Halschecht iwwer 50 Joer al.

An do soen ech, dass all Reform vum Aarbechtsamt deene Leit keng Schaff ka verschafen. Et sinn awer Leit, ëm déi mer eis awer musse Suerge maachen. An dat sinn der relativ vill, dat doten. Do kann ee soen am Aarbechtsamt - an dat geschitt och schonn um Aarbechtsamt -, dass de Kontrakt iwwersat gëtt op Portugisesch, mä domadder hu mer se nach net op eng Plaz gescheckt, well do musse se vläicht och aner Sprooche kënnen. Dat kann een, an elo kommen ech op d'Beschäftegungsinitiativen zréck, net maachen doriwwer, dass een d'Leit placéiert, assignéiert, mä do brauche mer nëmmen d'Beschäftegungsinitiativen. Et sinn och vill sozial Initiativen, mat deene mir och zesummeschaffen, mä do kënne mer se nëmmen iwwert d'Beschäftegungsinitiative méi laang halen.

De Prinzip soll bleiwen zwee Joer. An zwee Joer kann ee ganz vill mat de Leit schaffen. Déi kommen also no deenen, déi mer kënnen an de CIE, CAE schécken, wat manner wéi ee Joer ass. An déi, déi wierklech no zwee Joer da keng Chance hunn, iergendwou hinzekommen, déi kréien en definitive Kontrakt mat der Beschäftegungsinitiativ.

Dat maache mer och haut schonn. D'Beschäftegungsinitiative schécke regelméisseg Dossieren eran, wou hire Service éducatif et social schreift: Majo, mir hunn dat an dat mat deem Mann oder där Fra gemaach a mer fanne keng Plaz fir se; kënne mer se net méi laang halen, kann de Minister keng Exceptioun maachen? De Minister gëtt dann den Dossier weider un d'Aarbechtsamt a wann d'Aarbechtsamt seet, jo, effektiv, deen ass soss net ze placéieren, da kann deen och elo haut schonn do bleiwen.

Dat geschitt net oft, wëll ech soen, a meeschtens accordéiere mer dat och, esou dass och d'Beschäftegungsinitiativen iwwerhaapt net hei versichen, fir massiv Leit éiweg ze halen. Mä et ass awer wichteg, dass déi Leit eng Perspektiv hunn, fir eng Schaff ze hunn. Dat ass och fir de Stat vill méi bëlleg, wéi wann déi Leit entweder am Chômage oder am RMG oder a soss iergendengem soziale Lach géife leien. Hei kréie si eng Pai, si bezuele Cotisations sociales an deelweis, wéi et ass, bezuele se Steieren, well een, och wann ee Jonggesell ass, um Mindestloun Steiere bezilt. Alles dat ass also fir eis méi wichteg.

Elo ass sech d'Fro ze stellen, ob dann elo Ureizer do sinn, fir op den éischten Aarbechtsmaart ze goen. Majo, wann een do méi verdéngt, da geet een op den éischten Aarbechtsmaart. Wësst Der, schwätzt emol mat Leit, déi just de Mindestloun hunn. Duerfir war ech vläicht virdrun e bëssen ze vill opgereegt, mä et muss een emol kucken, wat fir eng Spréng ee mam Mindestloun mécht. Dat si 1.640 Euro. Domadder mécht een net vill Spréng. Ech mengen, wann een da wierklech erëm erauskënnt an et kritt een eng besser Plaz, da geet een och dohinner.

An nach eng Kéier: Déi Leit, déi iwwerhaapt an en definitive Kontrakt kommen, si wierklech déi, wou mer näischt aneschters konnte maachen.

E Wuert zur Konventioun. Egal wat d'Forme juridique ass, mussen déi Leit eng Konventioun mam Aarbechtsminister maachen. Do kommen och erëm Kontrollméiglechkeeten eran. Et ass net esou, dass déi einfach Sue kréien a Leit. Do komme Kontrollméiglechkeeten derbäi.

E lescht Wuert. Den Här Krieps hat gesot, et wär keng Fiche financière do. Déi ass selbstverständlech derbäi - beim ursprüngleche Projet. Déi Fiche financière ass derbäi an ass ganz detailléiert a seet, dass mer rechne mat engem Surcoût vu 25 Milliounen Euro, dat heescht 30 Milliounen, mä do sinn esou vill Leit, bei deene mer iwwert den RMG dann emol rembourséiert ginn. Dat heescht, fir de Fonds pour l'emploi eleng wär et e Surcoût vu 25 Milliounen Euro.

Woubäi ech awer nach eng Kéier soen: Och dat ass eng Prévisioun, déi mer dee Moment gemaach hunn.

Wann et elo géif méi schlecht goen a wann de Chômage structurel géif an d'Luucht goen, da sinn natierlech d'Beschäftegungsinitiativen och wichteg. Ech fannen et nämlech definitiv besser, mir bidden de Leit, déi keng Chance hunn eng Schaff ze kréien, d'Méiglechkeet ze schaffen, hir Suen ze verdéngen, owes heemzegoen an an de Spigel ze kucken an ze soen: „Ech hu meng Sue selwer verdéngt." Dat ass besser fir d'Leit a besser fir eis Gesellschaft. An duerfir wär ech frou, wann dëse Projet géif eng grouss Majoritéit fannen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Här Minister, de Projet de loi 5144 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, bei véier Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Laurent Mosar), Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5973, eng Ofännerung vum Code du Travail. Et sinn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Castegnaro an d'Madame Loschetter. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Spautz. Här Spautz, Dir sidd gebieden Äre Rapport virzedroen.

3. 5973 - Projet de loi

1) portant modification de l'article L.511-12 du Code du Travail

2) dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, mat deem mer eis elo beschäftegen, ass een, dee ganz kuerzfristeg vun der Regierung agereecht gi war an deen och zimlech séier, wa mer haut hei d'Zoustëmmung kréien, wäert evakuéiert ginn.

Den Ursprung vun der Kuerzaarbecht iwwert d'Gesetzgebung vum Chômage partiel geet zréck op d'Krisejoren 1974-1979. Konkret gouf de Chômage partiel fir konjunkturell Froen 1975 agefouert, an zwar den 29. Juli 1975 op engem Dënschdeg hei an der Chamber.

Deemools huet de Chômage partiel fir d'Joren 1975-1976, de Chômage conjoncturel, de Fonds pour l'emploi 40 Millioune Lëtzebuerger Frang kascht.

De strukturelle Chômage partiel ass agefouert ginn den 21. Dezember 1977, wou d'Chamber dozou gréng Luucht ginn huet. Dat war am Kontext vun enger Reform vum Arbeitsamt, dat 1921 geschaaft gi war, a wou 1972 e Projet de loi vun der Regierung komm ass a wou do déi Reform gestëmmt ginn ass.

De Chômage partiel ass e Mëttel, fir Aarbechtsplazen ze erhalen. Awer et däerf een net vergiessen: D'Leit loossen domadder Geld hänken. All Schichtaarbechter an all déi aner, déi verléieren hir Nuetszouschléi, hir Sonndeszouschléi, an et ginn nëmmen 80% bezuelt. Also ass et heiansdo fir déi eng oder déi aner Leit relativ schwéier, obwuel et eng Hëllef ass, fir awer iwwert d'Ronnen ze kommen, well et awer e groussen Akommensverloscht bei deene Leit ausmécht.

Mir ënnerscheede bei der Kuerzaarbecht e puer Aarten: de strukturellen, de konjunkturellen, dee vun der wirtschaftlecher Ofhängegkeet - dat ass zum Beispill, wann et iergendwou gebrannt huet an doduerch anerer net méi kënne schaffen - oder de Cas de force majeure - dee virun allem gespillt huet, wéi deemools a Frankräich de Streik war vun den Transporteuren an Zouliwwerer hiert Material net konnte